DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

05 /// 2015

# GEMENGENINFO

## RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL DU 10.07.2015











EDITEUR: ADMINISTRATION DE LA VILLE DE DUDELANGE

Rétrospective en images **04**
Séance du conseil communal du vendredi 10 juillet 2015 - résumé **10**

Gemengerotssëtzung vum 10. Juli 2015 **11**

1. Correspondance **11**

2. Règlements de circulation **12**

3. Finances communales – approbation **20**
   1. du compte administratif et du compte de gestion de l'exercice 2012
   2. du crédit spécial de 80.000 EUR à inscrire à l'article budgétaire nouveau 4/838/211000/15046 - Oral History Project – prestations de service
   3. du deuxième avenant au contrat de bail conclu avec Monsieur Pietro Buttiglione relatif à l'exploitation de la buvette de la piscine en plein air
   4. de décomptes de travaux extraordinaires
   5. des modifications à apporter au chapitre IX: Droits d'inscription – du règlement-taxes général
   6. de subsides extraordinaires

4. Aménagement communal et développement urbain – approbation **26**
   1. de la convention et du projet d'exécution relatifs au plan d'aménagement particulier 'rue Ribeschpont' conclus avec la société Wickler Frères sàrl d'Ingeldorf
   2. de la convention conclue avec la société Vincent Zappone promotions immobilières SA de Dudelange au sujet d'un parking public dans le cadre de la construction de cinq maisons jumelées au lieu-dit "rue du Château-Fort"

5. Ecole régionale de musique - approbation de l'organisation scolaire provisoire pour l'année scolaire 2015/2016 **29**

6. Personnel communal **29**
   1. création de trois postes de chargé de cours de l'enseignement musical à tâche complète (22 heures) et à durée indéterminée sous le statut du salarié
   2. création de deux postes dans la carrière de l'éducateur diplômé à raison de 40 heures par semaine et à durée indéterminée sous le statut de l'employé communal

Début de la séance à huis clos **35**
   3. nomination provisoire d'un expéditionnaire administratif sous le statut du fonctionnaire communal
   4. nomination définitive d'un ingénieur technicien sous le statut du fonctionnaire communal
   5. promotion au grade 8bis de deux expéditionnaires techniques
   6. modification de la tâche hebdomadaire de deux employées communales dans la carrière de l'aide-éducatrice
   7. engagement à durée indéterminée avec réduction du temps de service provisoire de quatre employés communaux dans la carrière de l'éducateur diplômé
   8. engagement à durée indéterminée avec réduction du temps de service provisoire de deux employées communales dans la carrière de l'aide-éducatrice
   9. engagement à durée indéterminée de deux employées communales dans la carrière de l'aide-éducatrice
   10. engagement d'un employé communal dans la carrière E – ingénieur technicien avec bachelier en ingénierie ou sciences et ingénierie
   11. engagement à durée indéterminée d'une chargée de cours de l'enseignement musical
   12. modification de la tâche hebdomadaire de deux chargés de cours de l'enseignement musical
   13. engagement à durée indéterminée de quatre chargés de cours de l'enseignement musical

7. Enseignement fondamental – admissions retardées de trois élèves au cycle 1
Fin de la séance à huis clos

8. Point mis à l'ordre du jour par le conseiller Marc Schiffmann en application des dispositions de l'article 13 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 et concernant la 'Ponderosa'. **30**

9. Questions au collège des bourgmestre et échevins. **32**

Editeur responsable:
Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange
Textes: Résumé français: Joseph Schmit
Retranscription: Rita Schmit
N° 05 /// 2015
parution OCTOBRE 2015

Photos, Illustrations: Ville de Dudelange,
David Laurent/Wili, Michel Brumat, Luc Deflorenne,
André Weisgerber, Raymond Schmit, Pulsa Pictures

FSC www.fsc.org MIX Paper from responsible sources FSC® C018673

# RÉTROSPECTIVE EN IMAGES



Butschebuerger Buergfest - 12-13.09.2015













Butschebuerger Buergfest - 12-13.09.2015






# SEMAINE EUROPÉENNE DE LA MOBILITÉ 16.-22.09.2015





Inauguration de la mBox en présence de M. Bausch, ministre du Développement durable et des Infrastructures 18.09.2015



Véhicules électriques - 16.-22.09



Stand Info CityBus - 16.-22.09




Rallye de la mobilité - 16.-22.09



Rallye de la mobilité - 16.-22.09









Remise de prix aux gagnants du rallye de la mobilité - 22.09.2015



Fête de clôture Jugendsummer - Maison des Jeunes - 07.08.2015




Gourde et boîte à tartines offerts aux enfants du cycle 1 - 16.09.2015



1e séance du Conseil communal pour enfants 2015-2016 - 19.09.2015






Ouverture de la saison du marché hebdomadaire - 24.09.2015



Visite Paysage et PAG - 24.09.2015





# RAPPORT SOMMAIRE DE LA SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU VENDREDI 10 JUILLET 2015

**Présents:** MM. Dan Biancalana, bourgmestre, René Manderscheid, Loris Spina et Mme Claudia Dall'Agnol, échevins, M. Bob Claude, Mme Josiane Di Bartolomeo-Ries, MM. Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler, Mmes Romaine Goergen, Nathalie Haas, Michèle Kayser-Wengler, Colette Kutten, MM. Marc Lazzarini, Romy Rech, Marc Schiffmann, Mme Brit Schlussnuss, conseillers et M. Joseph Schmit, secrétaire communal
**Absent, excusé:** M. Marc Dany, conseiller

Début de la séance à 17.00 heures.

1. Un règlement de circulation a concerné les nouveaux arrêts de bus suite à la réorganisation des lignes du CityBus.

2. En matière de finances communales, le conseil a approuvé le compte administratif et le compte de gestion de l'exercice 2012, un crédit spécial de 80.000 EUR à inscrire à l'article budgétaire nouveau 4/838/211000/15046 - Oral History Project – pestations de service, le deuxième avenant au contrat de bail conclu avec Monsieur Pietro Buttiglione relatif à l'exploitation de la buvette de la piscine en plein air, plusieurs décomptes de travaux extraordinaires, les modifications à apporter au chapitre IX: Droits d'inscription – du règlement-taxes général, ainsi que plusieurs subsides extraordinaires aux associations Boxing-Club Dudelange à l'occasion de son 80e anniversaire, Association nationale des Victimes de la Route en tant que cotisation pour l'année 2015, à l'Association Italo-Luxembourgeoise Bettembourg/Dudelange pour couvrir une partie du déficit des cours de langue italienne organisés pendant l'année scolaire 2014/15, DTD Dëschtennis Diddeleng pour avoir remporté les titres de Champion du Luxembourg Seniors et Vainqueur Coupe de Luxembourg Seniors 2014/2015, DTD Dëschtennis Diddeleng pour la participation au 1er et au 2e tour de la Coupe d'Europe, Diddeleng Hëlleft en tant que soutien financier pour le 20e anniversaire, et BBC corporatif Black Lions Dudelange pour avoir remporté le titre de Champion Bascol avec l'équipe A.

3. Concernant l'aménagement communal et le développement urbain, le conseil a approuvé la convention et le projet d'exécution relatifs au plan d'aménagement particulier 'rue Ribeschpont' conclus avec la société Wickler Frères sàrl d'Ingeldorf, et la convention conclue avec la société Vincent Zappone promotions immobilières SA de Dudelange au sujet d'un parking public dans le cadre de la construction de cinq maisons jumelées au lieu-dit 'rue du Château-Fort'.

4. L'organisation scolaire provisoire pour l'année scolaire 2015/2016 de l'école régionale de musique comprend notamment 1536 cours à fréquenter par 952 élèves qui sont pris en charge par 49 chargés de cours.

5. Concernant le personnel communal, il a été procédé à la création de trois postes de chargé de cours de l'enseignement musical à tâche complète (22 heures) et à durée indéterminée sous le statut du salarié, à la création de deux postes dans la carrière de l'éducateur diplômé à raison de 40 heures par semaine et à durée indéterminée sous le statut de l'employé communal, à la nomination provisoire de M. Victor Matias Cruz au poste d'expéditionnaire administratif sous le statut du fonctionnaire communal, à la nomination définitive de l'ingénieur technicien Alain Boos sous le statut du fonctionnaire communal, à la promotion au grade 8bis des deux expéditionnaires techniques Luc Steffen et Claude Tritz, à la modification de la tâche hebdomadaire des deux employées communales dans la carrière de l'aide-éducatrice Joëlle Zenari et Sandy Stoffel, à l'engagement à durée indéterminée avec réduction du temps de service provisoire des éducateurs diplômés Ben Wutz, Stéphanie Raccogli, Jennifer Geschwind et Dennis Fink, à l'engagement à durée indéterminée avec réduction du temps de service provisoire des deux aide-éducatrices Vanessa Tritz et Stefania Dionigi, à l'engagement à durée indéterminée des deux aide-éducatrices Elisabeth Polidonio et Chantal Hoesdorff, à l'engagement à durée indéterminée de la chargée de cours de l'enseignement musical Svenja Beuren, à la modification de la tâche hebdomadaire des deux chargés de cours de l'enseignement musical Sheila Pigeon et Luc Hemmer, et à l'engagement à durée indéterminée des quatre chargés de cours de l'enseignement musical Annalena Castagna, Sarah Pirrotte, Linda Vandewalle et Yves Tordy.

6. Le conseil communal a approuvé l'admission retardée de trois élèves au cycle 1 de l'enseignement fondamental.

7. Un point mis à l'ordre du jour par le conseiller Marc Schiffmann en application des dispositions de l'article 13 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 a concerné la 'Ponderosa' sise au lieu-dit 'Ginzebierg'.

8. Des questions au collège des bourgmestre et échevins des conseillères Michèle Kayser-Wengler, Romaine Goergen et Colette Kutten ont concerné respectivement le conseil communal pour jeunes ainsi que l'abattage de cinq tilleuls dans le centre-ville.

Fin de la séance à 20.00 heures.

## GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 10. JULI 2015

Dan Biancalana (LSAP - Buergermeeschter): Léif Kollegen a Kolleginnen, ech begréissen iech ganz häerzlech an däser Gemengerotssitzung. De René Manderscheid an de Marc Lazzarini hunn e bësse Verspéi-dung. De Marc Dany huet sech ofgemellt an d'Prozedur leeft fir hien ze ersetzen.

## 1. KORRESPONDENZ

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ënnert Correspondance hu mer iech e puer Saachen zoukomme gelooss, engersäits de Plan pluriannuel de financement (PPF) vun 2015, respektiv en Ausbléck op 2016, 2017 an 2016, et ass d'Circulaire am Fong vum Ministère de l'Intérieur. Bis den 31. Juli 2015 mussen d'Gemengen hire PPF eraschécken an dem Ministère dat zoukomme loossen. Dir gesitt unhand vun där Circulaire wéi d'Regierung d'Evolutioun gesäit vum Impôt communal an och vun der Dotatioun.

Dat schreift sech och an an déi Perspektiven an de Pacte de stabilité et de croissance, deen d'Regierung am Abréll op Bréissel geschéckt huet. Et gesäit ee generell, datt d'Evolutioun vum Impôt communal a vun der staatlecher Dotatioun zimlech positiv verlafen, dat heescht datt déi Perspektiven an de Prognostiken, déi d'Regierung sech gëtt par rapport zum Wuesstem hei am Land och positiv sinn, do ass eng Moyenne vu ronn 3% virgesinn. Do kann et awer nach liicht Verännerunge ginn.

Dann nach en anere Punkt, dat ass den "Tour du Duerf 2015" fir matzemaachen, och d'Klimapakt-Team huet kierzlech doriwwer befonnt a senger Sëtzung an dem Gemengerot nogeleugt, am Kader vum Klimapakt matzemaache bäi dem Tour du Duerf vum 17. September bis de 7. Oktober 2015. Do sollen esou vill Leit wéi méiglech aus dem Gemengerot, deene verschiddene Kommissiounen an dem Klimapakt-Team matmaachen a mir wäerte kucken, fir den Tour ze organiséiere. Och alleguerten déi Akteuren, déi hei ernimmt sinn awer och d'Diddelenger Bierger(inne) kënnen do matmaachen. Déi néideg Detailer, wéi den Tour du Duerf funktionéiert fannt Dir an deem Courrier vum nationale Klimabündnis Lëtzebuerg an dem Verkéiersbond.




## 2. VERKÉIERSREGLEMENTER

Dall'Agnol (LSAP - Schäffin): Wéi der wësst, wäert eise Citybus ab September anescht fueren an dat heescht, datt eng Rei Arrêten derbäi kommen an anerer ewech falen. Dat hu mer iech hei opgeléscht. Ech wëll awer direkt der Madame Goergen Merci soen, déi gemierkt huet, datt op der Linn 9 rout en Hickhack dra war an der Numerotatioun an dofir war den Tour falsch agezeechent. Si huet dat och direkt gemellt a mir hunn et verbessert. Dofir hutt der déi nei Versioun elo virleien.

Wéi der wësst, hate mer de 24. Oktober d'lescht Joer eng ëffentlech Versammlung fir den neie Citybus virzestellen. Dir wësst och, datt d'Verkéierskommissioun scho viru menger Zäit iwwert de Citybus diskutéiert huet an ab de 14-15. September setze mer dat mam TICE ëm.

Bäi dësem Verkéiersreglement geet et dorëms, déi nei Bushaltestellen derbäi ze kréien an déi al, wou mer dann ab dem 15.September net méi brauchen, ze suppriméieren.

Jean-Paul Gangler (CSV): Ech wollt am Fong just soen, datt ech net ganz frou si wann ech kucken, wat mir do vun Dokumenter kréien. D'Reglement ass voller Feeler, voller Schreiffeeler, d'Stroossennimm si falsch geschriwwen (et ass net Rue du Curie mä et geet ëm d'Madame Curie, déi zwee Nobelpräisser kritt huet, et ass net rue du Pasteur mä Rue Louis Pasteur, e bedeitende Wëssenschaftler an et ass Rue de la Paix an net Rue du Paix). Hei fënnt ee 14, 15 Schreiffeeler an ech fannen dat awer e bëssen aarmséileg an ech hoffen, datt dat net esou bei de Minister geet. Da hätt kënne verbessert ginn. Ech fannen et schuet wa mir Dokumenter kréien, déi falsch geschriwwe sinn. D'Stroossennimm, dat ass elo eng Saach, mä déi Feeler, déi an de Pläng sinn, dat geet net. Mir sollten eis mat deene Pläng beschäftegen an da fanne mer eraus, datt se falsch sinn. D'Linn 5 fiert op eemol op d'Gare wou se awer soll op d'Gemeng fueren, oder ëmgedréint. Dat mécht mech net immens frou, datt de Gemengerot net d'Chance huet, fir valabel Dokumenter zur Verfügung gestallt ze kréien. Et gi jo Leit bezuelt fir dat ze maachen. Dat stëmmt mech net grad frou.

Mir hu jo elo schonns zwou Gemengesëtzunge laang en Accès op den Internet wou mer eis E-Maile kënne kucken. Firwat kréie mer do net en Accès fir datt mer déi Pläng kënne kucken?

Wann een heihinner op d'Gemeng kënnt fir déi Pläng am Virfeld vum Gemengerot ze kucken, dann ass net ëmmer een do fir engem se ze weisen an et ass eng richteg Corvée fir sech ze dokumentéieren. Ech wëll hei en Appel maachen, datt der eis en Informatiounsmaterial gitt, dat d'Strooss hält.

Da wëll ech nach wëssen: Sinn an dat Reglement déi Suggestiounen, déi Diddelenger Awunner deen Owend vum Workshop vun der Conférence de Lancement vum PAG gemat hunn, mat agefloss oder war dat hei alles schonns virdrun décidéiert?

Romaine Goergen (Déi Gréng): Merci fir de Luef. Ech erlabe mer am Numm vun de Grénge Stellung ze huelen zu deenen neie Busarrêten, déi deenen nei organiséierte Citybus-Linnen entspriechen.

Fir eis ass d'Erweiderung vum Citybus e wichtegen Deel vun engem Verkéierskonzept, dat versicht, den individuelle Verkéier anzeschränken an am Kader vun der Mobilité douce de Verkéier innerhalb vun Diddeleng méi ëmweltfrëndlech ze maachen. Aus deem Grond hu mir eis ëmmer fir de Citybus agesat an eis Positioun virgestallt wa mer d'Geleeënheet dozou kruten. Mir si frou,





datt deen neie Konzept net nëmmen an de Gemengebüroë diskutéiert gouf mä och ëffentlech virgestallt ginn ass. An enger Biergerversammlung ass vill diskutéiert ginn an obwuel d'Leit heiansdo hiren Ierger iwwer den ëffentlechen Transport erausgelooss hunn, war et insgesamt eng positiv a konstruktiv Diskussioun.

Ënnert anerem krut den Här vum TICE ze héiere kritt, datt de Wee op Esch méi kuerz kéint sinn ewéi wann en iwwer Rëmeleng oder Schëffleng féiert.

No dëser Biergerversammlung si mär am Gemengerot net méi mat deenen ofgeännerte Buslinne befaasst ginn. Dofir war meng Enttäuschung grouss, wéi ech déi Pläng gesinn hunn, déi mer am Dossier leien haten. Déi hunn engersäits no Provisorium ausgesinn, anerersäits hounge se mat dem Reglement vun der definitiver Festleeung vun Haltestellen zesummen. Ufanks hunn ech déi nei Traceféierung graff iwwerkuckt fir mech un dee Konzept ze erënneren ob eppes zënter der Biergerversammlung geännert hätt. Wou ech mer awer d'Buslinn 9 ugekuckt hunn, déi ech selwer misst huele fir an den Zentrum a vum Zentrum erëm heem ze fueren, hat ech grouss Schwieregkeete fir d'Haltestelle mat deenen agezeechenten Haltestellen zesummen ze kréien. Et huet sech erausgestallt, dass am Birengereck verschidde Saachen net geklappt hunn a verrëtscht sinn.

Op deene neie Pläng ass dat elo geännert ginn a si gesinn insgesamt och vill besser aus. Dat ass och gutt well bei aller Sympathie fir de Citybus hätte mir déi éischt Versioun als graffe Feeler an engem offiziellen Dokument betruechte missen.

Mir wëllen elo net zevill op deene Feeler erëmreiden, d'autant plus datt se op eis Initiative hi jo redresséiert ginn, mä e wäerft kee gutt Liicht op eise Service de la Circulatioun. Och wann dat hei nëmmen e Provisorium war, hätt ee kënnen e bësse méi Rigueur beim Anzeechenen un den Dag leeën.

Mir kënnen nëmmen hoffen, dass net nach aner Verrëtschunge passéiert sinn an Deeler vun Diddeleng, déi mir vläit net esou gutt gekuckt hunn.

Da wollt ech vun der Geleeënheet profitéiere fir nach Froen ze stellen a Suggestiounen ze maache fir d'Lancéiere vun deem neie Konzept vu Buslinn.

Éischtens wollt ech wëssen ob no der Biergerversammlung, also am September oder op Grond vun neie Fakten zënter September eppes sech un der Linneféierung geännert huet.

Ech wëll nach eng Kéier betounen, dass mir iwwert dat Angebot vu Buslinne fir d'Diddelenger Bevëlkerung erfreet sinn. Et ass ouni Zweiwel e Virdeel elo e Véierelstonnetakt ze hunn an et sinn och Schléifen ofgebaut ginn esou dass een net méi esou laang ënnerwee ass. Dofir hunn sech natierlech aner Saache geännert, déi mussen erklärt ginn elo dëse September.

Et ass jo esou dass eise Citybus elo schonn eng trei Clientèle huet déi awer gréisstendeels aus eelere Leit besteet. Elo mat deem neie System geet et dorëms, nei Clienten derzou ze gewannen. De Mound September ass gutt gewielt fir en Neiufank, net nëmme well dann d'Parkplaze erëm méi rar ginn zu Diddeleng, mä och well da landeswäit an dës Kéier an dës Kéier och méi intensiv zu Diddeleng d'Semaine de la mobilité stattfënnt.

Mir hu gesot kritt, dass vun der Semaine de la mobilité soll profitéiert gi fir deen neie System virzestellen, Des weidere soll Donneschdes vum Martdag profitéiert gi fir d'Leit gratis mam Bus fueren ze loossen. Dat ass sécherlech gutt mä mer mengen awer datt een Dag e bësse knapp ass an dass doduerch net jiddwereen zu Diddeleng kann animéiert ginn, eng Schnupperfahrt ze ënnerhuelen. Dat kéint roueg op eng Woch ausgedehnt ginn.

Des weidere kéint d'Akzeptanz vun de Leit verbessert ginn duerch méi benotzerfrëndlech Fahrpläng, déi bei den Haltestellen ausgehaange ginn. Ech hoffen, dass eise Bureau d'études sech eppes afale gelooss huet,

Et bleift awer och, dass déi bescht Planung net ka mat Imprévuë rechnen an dass dofir Nobesserungen ëmmer néideg sinn an dobäi kënne Leit, déi vill mam Bus fueren, weider hëllefen. Dofir huet d'Monique Heinen, eis Vertriederin an der Verkéierskommissioun e Begleetcomité fir deen neie Citybus virgeschloen, Si war selwer an esou engem Begleetcomité wéi deen éischte Citybus hei zu Diddeleng lancéiert ginn ass an huet dat och ganz sënnvoll an Erënnerung.

Aner Modeller wären och denkbar mat dem Zil, Bierger(inne) fir d'Opdecke vu Schwachstellen anzesetzen an och als Reklamm a Multiplikateuren anzesetzen. Last but not least muss och de Message bei den Diddelenger leit ukommen, datt et extra Bustickete gëtt fir an Diddeleng ze fueren an datt déi och méi bëlleg sinn ewéi déi fir den nationale Réseau. Déi meescht Leit



wëssen dat net, grad esou wéineg wéi se wëssen, datt déi Ticketen hei an der Gemeng am Accueil ze kafe sinn.

Domadder misst elo kloer sinn, dass mir als Gréng déi nei Organisatioun vum Citybus samt den Haltestelle begréissen. Natierlech mat de redresséierten Haltestellen.

Grad esou kloer soll awer och kloer sinn, dass mir eis zousätzlech intensiv Sensibiliséierungs- a Kommunikatiounsefforte wënsche fir dass de verbesserte Citybus méi genotzt gëtt.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Den Här Gangler ass jo schonns op déi respektlos Presentatioun agaange vun deene Pläng, déi mer kritt hunn. Mir hunn iwwert Joeren enger Firma Komobile vill Sue gi fir dat uerdentlech auszeschaffen, mir hunn e Service de circulation hei an der Gemeng an ech fannen et einfach respektlos wéi mer dat dohinner geklaakt kritt hunn. Feeler vun de Stroossennimm an engem Règlement de la circulation officiel, esou eppes dierf net virkommen, dat ass lamentabel. Wann der esou eng Prüfung géift schreiwen an der Schoul, hätt der fir den Inhalt eng Ungenügend kritt a fir d'Presentatioun eng säfteg Datz. Do ass sécher nach Loft no uewe fir d'Presentatioun ze verbesseren a méi Respekt vis-à-vis vun de Gemengerotsmemberen ze weisen.

Da kommen ech zum Thema Citybus. Et ass schonns oft diskutéiert ginn an der Ëffentlechkeet an ech muss virausschécken, datt een et net jidderengem recht maachen a jiddwereen zefridde stelle ka mat de Linne wéi mer se plangen. Mir mussen awer versichen, de Gros vun den Diddelenger Leit frou ze maachen. Et gëtt ëmmer promovéiert, den Dialog mam Bierger, dat gëtt vum Schäfferot ganz héich geschriwwen, mä ech schléisse mech der Fro vum Här Gangler an der Madame Goergen un: Gëtt nom Dialog an der Réunioun vum Citybus am Hild am Oktober 2014 an no der Diskussioun iwwer de PAG virun e puer Wochen op de Bierger gelauschtert? Ginn de Bierger hir Doléancen a Virschléi berücksichtegt?

D'CSV ass der Meenung, Neen! Ech denken, dass bei all deene Reuniounen alles schéin a gutt ausgesäit an de Bierger kritt d'Impressioun, hie kéint sech richteg mat abannen, mä déi Saachen, déi déi Leit soen, si Saachen, déi d'CSV ëmmer schonns gesot huet an et huet mir eng grouss Satisfactioun ginn, ech war och op déi Biergerversammlung an den Hild, dass d'Leit ganz genau déi selwecht Doléancë virbruecht hunn, déi mir och ëmmer gesot hunn an déi nach net verwierklecht gi sinn. Ech denke virun allem un d'Ubanne vum Quartier Gaffelt un de Citybus. Dat ass lamentabel, datt déi Leit mussen esou wäit lafe fir op eng Bushaltestell. Ech kommen herno awer nach op eng Propose vun der CSV ze schwätzen, wéi een dat kéint verbesseren.

Gutt Verännerunge sinn awer och am definitive Plan ze gesinn, dat muss een och soen. Déi gradlinneg Streckeféierung begréisse mir och, zentral Ëmsteigplaz, dass déi bei d'Gare kënnt ass sënnvoll well do hu mer den Accès op den CFL an elo hu mer och eng direkt Linn vun Esch op Diddeleng ouni iwwer Käl oder Rëmeleng ze klunschen, dat ass sécher gutt.

Zu deene konkreten Ännerunge vum Citybus hunn ech awer och nach eppes ze soen. De Citybus gëtt elo ëmgeleet vun der Birengerstrooss iwwer d'Simonstrooss an d'Lëtzebuergerstrooss, do ass elo an deem neie Programm virgesinn "En-dessous du pont des CFL sur les deux côtés de la voirie", do sinn elo zwou Haltestellen, nämlech do eng an "au croisement de la route de Luxembourg et de la rue Jean Simon". Wéi dat soll goen, froen ech mech, well wann do zwee Autoe kommen, dann ass dat schonns eng Chaossituatioun an ech gesi schwaarz, wann dee Bus soll vun der Simonstrooss an d'Lëtzebuergerstrooss erafueren, dat geet sécher net gutt aus.

Dann eng aner Fro, déi och eng Doléance vun de Leit war an deenen Diskussiounen an der Reunioun am Hild, dat war: éischtens, firwat fiert kee Citybus fir de Quartier Gaffelt, so huet den TICE gesot, dat geet net soss si mer aus dem Takt. Déi zweet Fro war eng Busverbindung bei de Staatslabo, bei den HELA, an déi Zone-industriellen, do wou och wichteg Betriber sinn an Diddelenger Leit schaffen. Firwat gëtt et do kee Bus? Et soll jo och an noer Zukunft hei vir a Beetebuerg e Cactus opgoen, firwat ass dat net méiglech?? Och do seet den TICE Neen. Dozou ass ze soen, mir sinn de Client. Firwat ass dat net méiglech? Wat mir als CSV revendiquéieren ass, datt mir schliisslech de Client beim TICE sinn. Den TICE kritt vun eis 85.000 Euro "Investissements des syndicats et établissements publics", dat ass d'Part vun Diddeleng, a mir bezuelen 359.000 Euro d'Joer Frais d'exploitation an da kréien déi nach eng Kéier 565.000 Euro fir de Citybus.

Mir bezuelen 2,3 Milliounen an de Syndikat TICE da wäerte mer jo awer och mol kënne Fuerderunge stellen. Wann ee Client ass, muss een och Revendikatiounen




hunn. An ech mengen, dat hei ass elo en Ufank a mir däerfen op kee Fall do stoe bleiwen. Wann den TICE Neen seet, musse mir soen, mir hätten dat awer gär. Mir musse méi eng staark Positioun anhuelen.

Da kommen ech zu eiser Alternativ, firwat d'Gaffelt nach ëmmer net un de Citybus ugebonnen ass. Dat ass net ze erklären. Déi ganz Rue de la Vallée an d'Rue Sainte Barbe, mir hunn et schonns gesot, do wunnen ëmmer méi al Leit. Eis Alternative: A Call-Bus. Firwat net e Rufbus aféieren? Ech hunn nogekuckt: An der Südgemeng sinn se och alleguerten am TICE. Monnerech huet den M-Bus, Schëffleng huet de Rufbus, Garnech, Kärech Stengefort hunn de Proxy-Bus, Käl huet de Käldallbus, Beetebuerg huet de Flexibus, Kielen huet de K-Bus, Péiteng huet de P-Bus. Dat sinn och Gemengen, déi den TICE hunn an déi awer nach e Rufbus mat derbäi agefouert hunn. Firwat mécht Diddeleng dat net?

Dat ass e Service à la carte, zum Beispill kann ee mam Flexibus net nëmmen um Territoire vun der Gemeng fueren, mä et kann ee zwou bis sechs Destinatiounen ausserhalb vun der Gemeng nennen. Zum Beispill den HELA an de Cactus, deen op Beetebuerg kënnt oder de Cactus zu Käl, déi leien net méi an eisem Areal an de Flexibus fiert dann dohinner. Dat kann ee mat verschidde Formule géréieren. Gratis ubidden oder 2 bis 3 Euro pro Fahrt froen. Et kann een et limitéieren op eeler Leit, op handikapéiert Leit, op Leit mat enger Mobilité réduite, schwanger Fraen, Leit mat Kutschen oder fir Kanner, déi alleng fueren, zum Beispill Kanner aus der Maison-Relais, déi an d'Museksschoul fueren.

De Flexibus hunn ënner anerem déi Beetebuerger, dat huet en enorme Succès. De Flexibus fiert a 7 Gemengen an et sinn 120 000 Leit am Joer, déi an deem Flexibus gefouert ginn. Zu Beetebuerg fiert de Flexibus vu 6 Auer moies bis 19 Auer. Do si vill Leit, déi zu Beetebuerg wunnen an an de Zone-industriellë ronderëm schaffen an déi fuere mat deem Flexibus op d'Aarbecht a ginn do ofgeholl. Dat ass och eng Léisung fir eis Parkraumproblematik. Ech denken heibäi un eeler Leit oder u Leit mat enger Mobilité réduite, Leit déi Donneschdes op de Maart ginn an hir Tute mussen zeréck an d'Barbarastrooss schleefen. Eng Madame war voller Roserei nodeem se dem Här Buergermeeschter déi Doléance gesot huet an als Äntwert krut, si kéint jo den Taxi huelen, dee géing jo nëmme fënnef Euro kaschten. Dat fannen ech och net esou eng super Äntwert. Ech denken, datt et eis Aufgab och ass, eppes wéi de Rufbus anzeféieren.

Da kommen ech nach zu deem Punkt, deen ech ganz flott fannen, dat ass, datt elo effektiv déi wichtegst Statioun zu Diddeleng bei der Gare ass. D'CFL ass genau esou eppes. Firwat kënne mer eis net méi staark maachen a besser mat der CFL verhandelen? Firwat kréie mer net all Stonn en direkten Zuch fir an d'Stad? Mir sinn déi véiert gréisst Gemeng am Land! Wa mir op Beetebuerg kommen, musse mer d'Trap erof knéchelen an déi aner Säit erëm erop, dat ass onméiglech, besonnesch fir Leit mat enger Mobilité réduite. Déi kënnen den Zuch net huelen.

Wa mir an d'Beetebuerger Gare erakomme mat eisem Zuch vun Diddeleng a vu Péiteng kënnt och en Zuch, deen huet ëmmer Virfahrt. Dat ass historesch gewuess. Péiteng war eng Eisebunnerstad a Beetebuerg och. Diddeleng huet keng Eisebunnerkultur, zu Diddeleng hunn d'Leit gewunnt a si sinn do schaffe gaangen. Dat war virun drësseg Joer an elo si mer am Joer 2015. Et muss een der CFL awer mol erklären, datt mir mëttlerweil Leit hunn, déi aus Diddeleng erausfueren. Et sinn net méi vill Leit déi nach zu Diddeleng schaffen a mir mussen eis anescht opstellen. Wa mer schonns en Arrêt centralisé bei der Gare maachen, da musse mer och kucken, datt déi Leit direkt an d'Stad kommen an net nach iwwer Beetebuerg klunschen an do den Uschloss verpassen an esou weider. Dat ass e Message, deen och eng Aufgab ass fir eise Schäfferot.

Dann hunn ech nach eng aner Fro an zwar dee berühmte Südtram, do schwätzt elo weider kee méi dervun. Laanscht Koibestrachen sollt de Südtram kommen, wéi wäit ass dee Projet?

Da kommen ech nach op den Thema vum Nightrider, do ass nach eng Fro déi net beäntwert ass. Wéivill huet eis de Nightrider d'lescht Joer kascht? Eis Alternativ Propose: Den Nightrider fiert just freides a samschdes. De Latenightbus, dat ass eng Revendikatioun vun der CSV zënter Joren, dee kann awer all Dag fueren, net nëmmen Nationalfeierdag a Sylvester. Mir brauchen e Latenightbus fir déi jonk Leit, déi erausginn, fir dass déi um eng, um dräi an um véier Auer sécher vun der Stad op Diddeleng kënne kommen. Mir kënnen dat jo net mat Beetebuerg zesumme maache well dee Bus jo schonns zevill laang ënnerwee ass, ma da kommt da maache mer et selwer?

Mir hu jo genuch Jonker hei déi dat géife benotzen.

Ech war iwwergléckl ech iwwert d'Generalversammlung



vun der LSAP-Diddeleng a mir hu Supporter vun eisem Projet an zwar an der Persoun vu Jong Sozialisten. Ech zitéieren: "Auch der Latenightbusdienst soll ausgebaut werden". Genee dat ass et!

Här Lazzarini, elo maache mer eng Motioun zesummen, d'CSV mat de Jong Sozialisten. Wann d'CSV Propose mécht, dat ass ëmmer schlecht mä wann d'Majoritéit d'Propose mat mécht, da kënnt dat jo wuel besser un.

Meng Conclusiounen: Firwat kënne mir als Diddelenger Gemeng fir déi vill Suen, déi mir all Joer an dem TICE-Syndikat abezuelen net méi Leeschtung fir eis Bierger verlaangen. Mir sinn der Meenung, dass dir do vill méi resolut misst optrieden.

Eis zweet Revendicatioun ass, dass dir och vis-à-vis vun der CFL vill méi massiv virgoe misst, och zum Beispill fir d'Iddi vum Tram an Diddeleng duerchzesetzen. Et gouf ëmmer gesot, dass mer den Zuch sollen duerch en Tram ersetzen. Dat geet an anere Länner awer anscheinend net hei bei der CFL.

Mir stëmmen de Citybus-Projet net mat well déi Doléancen, déi d'Leit haten, virum allem déi aus dem Quartier Gaffelt iwwerhaapt net berücksichtegt gi sinn. Et ass sécher e gudden Usaz do, mä mir si mat dem ganze Verkéiersmanagement hei zu Diddeleng net averstanen an dofir enthale mer eis bei däsem Vote.

Romy Rech (LSAP): Ech géif dat Ganzt mol e bëssen demystifiéieren. Mer sollten emol éischtens dervun ausgoen, dass mer hei zu Diddeleng e Citybus hunn, dee gutt funktionéiert huet an dee mer elo nobesseren. Ech fannen, dat ass schonns emol eng vu ganz wichtege Mesuren, déi och op Gronn vun enger breetgefächerter Diskussioun op verschiddene Niveauen an och mat der Bevëlkerung zestane kënnt. Also, gutt geschafft, éischtens.

Zweetens ass d'Haaptuleies nach ëmmer beim ëffentlechen Transport an och beim Angebot vum ëffentlechen Transport, fir alleguerten déi ze transportéieren, déi natierlech net kënne mam Privatauto fueren oder sech aneschters mobil maachen. Virun allem soll awer och Haaptuleies sinn, Leit, déi fir eng ganz Rei vu Weeër den Auto huelen, derzou ze bewegen, vum Auto op den ëffentlechen Transport ëmzeklammen. Oder hunn ech iergend eppes net richteg verstanen?

Ech mengen, hei geschitt all Kéier alt erëm e Schratt an déi richteg Richtung. Éischtens emol gëtt eppes ganz Wichteges gemeet, d'Kadenz gëtt gehuewen am Véierelstonnentakt, dat ass net onwichteg.

Zweetens, ech sinn net mat d'Accord, dass ee seet, mir géif e Gefale gemaach ginn, datt eng direkt Linn vun Diddeleng op Esch kënnt. De Schäfferot an d'Majoritéit weess scho laang, datt scho laang no alle méigleche Weeër a Léisunge gekuckt gëtt fir déi direkt Linn Diddeleng-Esch ze kréien aus der ganz einfacher Ursaach, dass d'Nëtzlechkeet vun där Linn iwwerhaapt net a Fro gestallt gëtt. Dass dat elo gelongen ass, ass och e richteg Schratt an déi richteg Richtung.

Da sinn ech e bësselchen erstaunt, ech weess net ob ech misst frou si wann d'Kollegin vun der CSV géif d'CFL benotze fir an d'Stad ze fueren oder ob ech eigentlech méi frou muss sinn, dass se et net mécht, well éischtens emol ass et esou, dass de Fait, dass mer hei zu Diddeleng mam Zuch fort fueren an zu Beetebuerg mussen oder sollen ëmsteige fir an d'Stad ze kommen, net dee gréissten Drama fir den Utilisateur ass. Ech wëll dat ganz kloer hei betounen. Et ass ëmmer esou, dass wann déi eng oder déi aner Facilitéit méi an d'Spill kënnt, selbstverständlech ass dat wëllkomm, mä d'Verbindunge mam Zuch an d'Stad sinn esou wéi d'Kadenz am Moment ass, net déi allerfavorabelst, mä si sinn net schlecht.

A virun allem muss déi Verbindung net onbedengt direkt si fir dass se gutt ass. Et ass richteg, dass ee beim Ëmsteigen deen een oder anere Problem huet. Méi dramatesch ass et fir aus der Stad op Beetebuerg ze kommen, mä dat huet näischt mat der Organisatioun oder mat de Gespréicher vun deenen eenzelne Gemenge mat der CFL ze dinn, mä mat der CFL selwer.

Éischtens emol, an dat weess all Mënsch hei, feelt an der Stad eng Bunn fir eran oder erauszekommen, also fiert all Zuch an der Stad schonns mat 5, 10, oder 15 Minutte Verspéidung oder guer net aus der Gare eraus an da kann een, wéi mir dat öfters passéiert, op der Streck stoe bleiwen a mat e bësse Chance kritt een nach deen nächsten Zuch fir op Diddeleng.

Et ass net vun Diddeleng an d'Stad mä vun der Stad op Diddeleng, wou de Problem läit. Et ass ni schlecht an ech weess, dass de Schäfferot dat och öfters a regelméisseg mécht, fir ëmmer erëm d'CFL drop hinzeweisen, dass, wann et nëmme méiglech ass, fir déi eng




oder déi aner Verbindung méi ze kréien, dass dat selbstverständlech wëllkomm ass. Mä, ech soen iech och do erëm eng Kéier, Haaptuleies ass et, d'Leit vum Auto erof ze kréie fir dass se den ëffentlechen Transport huelen. Ech maachen eng Wett mat iech alleguerten, wann dir deen Exercice eng Kéier ee Mount laang musst duerch maachen, da klammt dir vum CFL op de Privatauto zeréck. Dat ass eng Tatsaach, an zwar vun der Stad op Diddeleng.

Dat ass net das selwecht, dat ass e groussen Ënnerscheed, well dat an der Stader Gare huet ganz vill ze di mam internationale Verkéier a mat der Struktur, wéi een an d'Gare erakënnt. Dat huet ganz sécher guer näischt mam Schäfferot vun der Stad Diddeleng ze dinn an et muss een awer la part des choses maachen.

Revendikatiounen hunn ech der honnertdausend, mä an engem Gemengerot muss een esou korrekt mat de Kollege sinn, dass ee weess, dat eent ass fuerderen an dat anert ass um Terrain realiséieren a bezuelen. Vu dass ech mech déi lescht Joeren och e bësselche fir Finanzen interesséiert hunn: et muss een och wëssen, wann een dat eent fuerdert an dat anert wierklech gären direkt hätt, da muss ee kënnen dat dote finanzéieren an et muss ee kënne soen, da maache mer dat doten an dat anert maache mer net. Esou korrekt misste mir och heibannen am Dingscht vun de Bierger(innen) dobausse sinn. Dat sief och emol eng Kéier hei ganz kloer gesot.

Dat ass da meng Fro un de Schäfferot: wann et dann esou einfach ass, ze revendiquéieren a Fuerderunge ze stellen, da géif ech gäre chiffréiert kréien, wéi déi Fuerderungen, wat d'Finanzement ubelaangt, an der Realitéit ausgesinn. Ech mengen, dass mär déi richteg Schrëtt an déi richteg Richtung maachen. Mir verbesseren den Tracé, mir erhéijen d'Kadenz a mir hunn eng Linn bäi geschaaft, déi mer virdrun net haten.

Mir sollen elo esou viru schaffen an déi Richtung a weider kucken, och am ökologesche Sënn vum Wuert an och fir d'Angebot fir eis Bierger(inne) selbstverständlech ze verbesseren. Dat awer elo esou duerzestelle wéi wann dat heiten de leschte Ramsch wier, do sinn ech perséinlech net mat d'Accord.

Marc Schiffmann (ADR): Ech faasse mech kuerz. Ech ginn net méi op déi Feeler an de Pläng an de Schrëftstécker méi an, kann awer voll ënnerstëtze wat meng Virriedner doriwwer gesot hunn. Dem Här Rech wëll ech just soen, dass wat d'Ëmsteigen zu Beetebuerg betrëfft, dass ass effektiv keen Drama, ausser, jee nodeem wéi en Zuch ee moies hëlt, da klammt der an en Zuch, deen esou voll datt der am Gang stitt an esou guer net an der éischter Klass kënnt sëtzen, well et huet guer Ikee Wäert esou en Ticket ze kafen. Mä dat ass eng aner Saach.

Mä dass den TICE den HELA net ufiert, kann ech net verstoen an dat muss ech ënnerstëtzen. Mär sinn en décke Client vum TICE, si kréie vill Suen a wat do de Problem soll si fir den HELA unzefueren, ass mir e Rätsel. Ech gesi vill Leit do ze Fouss getréppelt kommen an ech fannen dat traureg.

Eng aner Saach, déi mer um Häerz läit, dat ass, gëtt de Reha-Center, dat alt Spidol, elo sonndes ugefuer oder net?

Dat hat ech scho gefrot virun iwwer engem Joer an hat do eng komesch Äntwert kritt. Et huet geheescht, mir hunn dat getest a gemierkt, dass da manner Leit fueren an dofir hu mer et sonndes ofgesot. Dat kann ech net verstoe well just sonndes ass Besuchszäit an dofir wier dat eng gutt Iddi wann een dat géif och sonndes ufueren.

Wat och richteg ass, ee gratis Dag a Schnupperdag ass e bësse wéineg, do hätt ee kënnen iwwerleeën e puer Deeg méi an och iwwer de Weekend ze maache fir dass ee gesäit wéi dat leeft.

Dat kommen ech zum Arrêt virun der Lenz-Strooss bei der Kierch, do schafe mer automatesch eng Situatioun wou direkt hannendru Stau ass. D'Étudë beweisen, dass duerch Stoebleiwen an erëm Ufuere bedeitend méi $CO_2$ ausgestouss gëtt wéi beim fluide Verkéier, dat heescht net nëmmen, dass mer duerch d'Barrière moies scho bis duer hin hu mä tëschenduerch och nach duerch de Bus, deen do stoe bleift. En Arrêt wou de Bus kann erafueren, wier besser gewiescht besonnesch fir déi Leit, déi do wunnen an déi am meeschten drënner ze leiden hunn.

Claudia Dall'Agnol (LSAP - Schäffin): Merci fir är Remarquen. Elo komme mer mol op den Ordre de jour zeréck an do geet et ëm e Verkéiersreglement a wann d'Madame Kayser seet, si géif de Citybus-Projet net stëmmen, dann huet si hei eppes falsch verstanen, well mer stëmmen hei e Verkéiersreglement an ech féieren hei elo keng allgemeng Diskussioun iwwer de City-




bus mä iwwer d'Verkéiersreglement. Do war effektiv e Feeler am Plang a mer verbesseren natierlech och déi Stroossennimm well dat ass natierlech och eis opgefall an dat bedauert kee méi wéi mir hei alleguerten an ech soen nach eng Kéier der Madame Goergen Merci, datt si hier Linn gekuckt huet. Wahrscheinlech fiert si méi oft Bus oder op d'mannst an deem Eck, dat hu mer verbessert an dir krut et och ausgedeelt.

Et ass och den Horaire ugeschwat gi mat Sonndes, de Romy Rech ass ausgibeg op den CFL an den TICE agaang, déi nei Horairen ausschaffen. Mir mussen hinnen natierlech d'Arrêten eraginn an da schaffe si d'Horairen aus. Déi Horairë gi mat der Mobilitéits-zentral zesumme gemeet an do gëtt eng Distribut-ion toutes boîtes gemaach a si ginn esou presentéi-ert, datt et fir jidderee liesbar ass. Mir maachen och Reklamm dofir.

Et ass geschwat gi vun enger Woch gratis. Ech perséinlech hu kee Problem domat, mir kënnen dat nach eng Kéier mam TICE diskutéieren an et kann ee kucken ob een d'Leit während der ganzer Mobilitéits-woch gratis fuere léisst, firwat net, zumindest mol um Territoire vun der Stad Diddeleng. Ech kann dat natierlech elo net garantéieren, mä d'Iddi fannen ech perséinlech ganz gutt.

Natierlech kréie mir net jidderee mam Citybus glécklech gemaach, ech wunnen zoufälleg an der Barbarastrooss wou kee Bus fiert. Nach ass et esou, dass mer hei Verbesserunge maachen, déi ech begréissen. Dat ass sécherlech net déi lescht Verbesserung um Citybus, all Remarquë si wëllkomm, och vun de Biergerinnen) a mir ginn dat all Kéiers weider, mä wann hei eppes um Tra-jet geännert gëtt, da ginn och nach aner Projete mat ëmgeännert, do hänkt e ganze Rateschwanz mat.

Wat den HELA ubelaangt, widderhuele mer dat elo fir d'honnerst, Beetebuerg ass net am TICE.

Et ass och d'Beetebuerger Gare ugesprach ginn, do muss ech soen, dir wësst alleguer, dass d'CFL amgaang ass, en Dedoublement vun der Diddelenger Linn ze plangen an dir wësst och, datt d'Beetebuerger Gare wäert frësch gemaach ginn, allerdéngs dauert dat a si hunn e provisoreschen Datum gi vun 2020. Dat kann natierlech och 2021 ginn, mir wësse jo wéi esou Chantiere lafen.

Madame Kayser, dir hutt jo d'LSAP-Aktivitéit ganz gutt verfollegt an dir hutt jo da gesinn, datt mer d'CSV net gebraucht hu fir mat eiser Jeunesse socialiste, op déi Iddi ze kommen wéi och op aner Iddien, wéi zum Beispill de Rufbus, de Latenightbus. Nach, alles wat een aféiert a wat een de Leit wëllt bidden, dat muss och bezuelt ginn. Dir hutt de Montant vum TICE genannt, wat dat kascht, wa mer dat doten nach dobäi aféieren, dann huet dat och säi Präis.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ech wollt nach kuerz derbäi fügen, dass déi Verkéiersreglementer an déi Arrêten, déi hei definéiert sinn, op engem Tracé definéiert sinn an deen Tracé, deen hei presentéiert gëtt, jo keen neie Moment ass. Et ass nieft der Inform-atiounsversammlung an enger ganzer Rei vu Verkéi-erskommissiounen heiriwwer geschwat ginn, wou och d'CSV derbäi war an hir Remarque konnt mat afléisse loossen. Si huet awer net ëmmer esou gemaach wéi se hätt sollen a kéinten an dofir ass et ëmmer gutt, hei am Gemengerot Moralpriedegten ze hale wann ee selwer Acteur ass. Dat ass och eng Realitéit, déi ganz kloer hei erausgeschielt muss ginn.

Dat ass emol deen éischte Punkt, deen zweete Punkt ass, et ass richteg, wann een nei Tracéë plangt, da gëtt et ëmmer eng ganz Rëtsch Revendikatiounen an där hu mer der ganz vill aus ganz ville Quartiere kritt an dat hei ass e Kompromëss tëschent de Revendikat-iounen an der Realitéit um Terrain. Wa mer nei Tracéen ausféieren, sinn déi Leit, déi déi Tracéen all Dag fueren nieft den Diddelenger Bierger och Buschauffere vum TICE, déi Dag-an, Dag-aus déi Strecke musse fueren an hei ass ganz kloer um Niveau vun den Arrête gekuckt ginn, datt dat iwwert enee stëmmt a realisabel ass. Déi heite Arrête si mam TICE zesummen definéiert ginn a wat op enger Säit d'Gemeng Promotioun mécht am September ronderëm den neien TICE-Réseau hei zu Diddeleng wäert och den TICE op senger Säit eng ganz Rëtsch regional Linnen ëmmodelen hei am Süde wäert eng gemeinsam Campagne gemeet ginn. Ofschléis-send, par rapport zu där Suerg déi hei geäussert ginn ass iwwert d'Zone-industriellen an d'Ubannen tëschent Diddeleng a Beetebuerg, och dat hu mer hei méi wéi eng Kéier am Gemengerot gesot, dass ganz kloer de Message komm vum Nohaltegministère a vum Transportministère, dass vum Staat aus Bussen age-sat ginn, déi d'Zone-industriellen desservéieren an och iwwert deen dote Wee, Diddeleng-Beetebuerg, do hu mer ganz kloer gréng Luucht vun der Regierung kritt, sou dass och dëser Suerg Rechnung gedroe ginn ass.





Claudia Dall'Agnol (LSAP - Schäffin): Ech hunn nach eppes, wat ech vergiess hat. De Buergermeeschter hat effektiv d'TICE-Busschaufferen ugesprach an e puermol ass hei och dat Wuert Komobile gefall, ech wëll lech just soen, datt mir mat engem TICE-Bus all déi Tracéen do ofgefuer sinn. Mir hunn iwwerall gekuckt mat hinne, och mat Komobile an zwee Busschaufferen, a mer hu gekuckt, wéi ee kann d'Bierger(innen) am beschten zefridde stellen, wéi mer de Maximum kënnen ubannen. Nach ass et esou, mer sinn eng eeler gewuesse Stad an net all Strooss eegent sech dofir, dass ee ka mat engem grousse Bus, esouguer heiansdo mat engem klenge Bus derduerch fueren. Mir hunn alles an allem déi Arrête gepréift mä et kann een ëmmer nach nobesseren, dat heescht, wa mir gesinn datt eng Ännerung besser wier, da kënne mer dat ëmmer nach änneren. Déi Arrêten hei gi mir elo mat Zäit eran, d'Busse funktionéieren haut alleguer mat engem Navigatiounsystem an dat muss vum TICE agespäichert ginn an dofir huet et musse séier goe fir datt si dat kënnen an hiren Navi aspäichere fir datt se de 15. September kënne lass fueren, well d'Busschauffere mussen dat och nach testen an den Navi seet hinnen da wéini deen nächsten Arrêt kënnt.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Also, ech muss mech entschëllege wann hei net de Moment war fir iwwert d'Verkéierskonzept ze schwätzen, mä wéini schätze mer dann driwwer? Dat heiten huet jo awer eng Envergure. Da froe mer datt de Verkéierskonzept vun der Stad Diddeleng op den Ordre de jour stoe kënnt. Politik ass jo awer eppes Ganzes an net nëmmen dräi Schëlter, déi geréckelt ginn. Dofir hu mir eis déi Méi gemaach, dat auszeschaffen an och déi vun deenen anere Parteien. Wa mer hei just solle Jo an Amen zu dräi Bushaltstelle solle soen, dann hunn ech awer eppes hei net verstanen, et deet mer Leed.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Dozou kann ech just soen, datt mer op alle Fall als Schäfferot elo kierzlech beim Minister waren, wou déi regional Verkéiersstudie presentéiert ginn ass tëschent Diddeleng a Beetebuerg mat alleguerten den nationale Moossnamen, déi geholl ginn. Matt deene Moossnamen, déi lokal solle geholl ginn, dat war jo e politeschen Optrag vum Minister wou mer gutt dräi Joer dru geschafft hunn, an do ass ganz kloer d'Propose, dat an engem informelle Gemengerot ze presentéieren, fir datt ee gesäit wat den Impakt vun nationale Moosnamen ass. Dat ass dee Moment, wou een dat ka presentéieren, mat deene staatlechen Acteuren a wou een dann eng Diskussioun ka féieren.

Esouvill zu den Ausféierungen zu deenen dote Punkten an déi géife mer zu der Ofstëmmung kommen zu deem dote Verkéiersreglement. **Wie stëmmt déi nei Arrête vun der neier Citybus-Féierung an der ofgeännerter Versioun?** Wien ass domat averstanen? Wien enthält sech?

**Dann ass dat dote Verkéiersreglement mat Stëmme vun LSAP, Gréng, Déi Lénk an ADR ugeholl, mat Enthalung vun der CSV.**



# 3. GEMENGEFINANZEN – GENEHMEGUNGEN

**1. Genehmegung vum Compte administratif a vum Compte de gestion**

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Hei geet et ëm d'Genehmegung vum Compte administratif a vum Compte de gestion vun 2012, de Compte de gestion, dee jo vum Receveur gemeet gëtt, de Compte administratif vum Schäfferot. Dir gesitt unhand vun deenen Dokumenter, déi der kritt hutt, dass dee Kont de 27. September am Intérieur war, respektiv, dass mer den 11. Juni 2015 de Rapport de vérification des comptes kritt hunn an der Persoun vum Pierre Ludovissy dee Chef vum Service de contrôle de la comptabilité des communes ass. Wat een zu dësem Kont ka soen, ouni an d'Detailer ze goe well och schonns de Kont 2013 am Hierscht kontrolléiert gëtt, ass, dass mer eng Gesamtrecette um Kont 2012 vun 91.628.989,19 Euro haten an dass mer Dépensen hate vu 78.020.576,27 Euro, dat ass am Fong dann e Boni vun 13.608.512,92 Euro. Do ass natierlech och de Boni dra vum Kont 2011, 9.149.625,46 Euro war an natierlech gëtt dee Boni vum Kont 2012 weider matgeholl op de Kont vun 2013.

Och beim Rapport de vérification vum Compte adminstratif, dee gemeet ginn ass, ass beim Contrôle weider net vill opgefall, dat gesäit een unhand vum Rapport. Et sinn eng Rei Remarque gemaach gi par rapport zu den Traitementer, do hu mer och Stellung derzou geholl, déi sinn och redresséiert ginn. Dat hat mat Payë vu Mataarbechter ze dinn, do hu mer och schonns Récksprooch geholl mam Ministère fir dat Ganzt ze redresséieren. Do hu mer wéi gesot den Aval kritt. Si waarden natierlech elo drop, wéi d'Prozedur et verlaangt laut dem Gemengegesetz, dass mer dee Compte de gestion an dee Compte administratif hei an de Gemengerot huelen, dass en hei ofgeseent gëtt, dass en zum Vote gestallt gëtt an dass mer en da weider schécken an den Intérieur wou en dann definitiv approuvéiert gëtt. Esouvill zu der Presentatioun zum Kont 2012, Compte de gestion a Compte administratif.

Ech begréissen hei den Här Gilbert Loos, eise Receveur, dee bereet ass, op Froen am Kader vun der Diskussioun anzegoen.

Hutt der zu dëse Konte Froen, Stellungnahmen, Remarquen?

Romy Goergen (Déi Gréng): Zu dëse Konten erlaben ech mer, mech ganz kuerz ze faassen. Wann dës Konten esou laang ënnerwee ware fir gepréift ze ginn, da wäerte mer jo domat rechne kënnen, dass se an der Rei sinn.

Déi Punkten, déi d'Payë betraff hunn, si jo schonns redresséiert ginn.

Wéi ech mer déi Konten ugekuckt hunn, sinn ech quasi direkt op de Verkaf vum Gas gestouss an do ass mer eréischt richteg bewosst ginn, wéi laang dat schonns huet missen hier sinn. Déi Konten hei bezéie sech op Chifferen, déi engem virkomme wéi aus groer Virzäit. Mer schwätzen am Juli 2015 vu Konte vun 2012. Et ass also alles aneschter wéi spannend, de Boni, deen hei ugefall ass, ass scho längst erëm ausgi ginn. Wann een duerch déi eenzel Poste geet, falen och keng aussergewéinlech Ofännerunge vun den Zommen op, sou dass mer deene Konte mat guddem Gewësse kënnen zoustëmmen, esouwuel dem Compte administratif an dem Compte de gestion.

De Budget initial hat wuel aus politesche Grënn net eisen Accord kritt, dat hënnert eis awer elo net drun, mat der Exekutioun dervun d'Accord ze sinn.



Romy Rech (LSAP): Et ass jo kloer, dass mir déi Konten do och stëmmen als LSAP-Fraktioun. Ech wëll hei meng Satisfactioun ausdrécken, dass mir hei gesinn, wéi mer dat vun der LSAP-Majoritéit gewinnt sinn, an der Finanzproblematik vun der Gemeng D ganzheetlech virginn.

An deem Sënn wäerte mer keng onnéideg Investitiounsbremsen aleeën, mer wäerten och weiderhin eng offensiv Infrastruktur- an Déngschtleeschtungspolitik bedreiwen. Dat do war een éischten Exercice vun der Period 2011 bis 2017. Mir wëssen och, dass et objektiv gesinn net vill Sënn mécht wann een ëmmer nëmmen een Exercice erausrappt fir iwwert deen ze diskutéieren, dofir, wat fir mech a fir eis Fraktioun hei wichteg ass, eis Haushaltspolitik zeechent sech aus duerch Kontinuitéit, eng finanzéierbar Kontinuitéit an d'Leit kënne sech op eis verloossen, dass mir dat duerchsetze wat mir fir dee 6-Joresplang hei an der Gemeng virgesinn hunn.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Wann et weider keng Stellungnahme gëtt géif ech proposéieren, dass mer zum Vote kommen, engersäits vum Compte de gestion an anerersäits vum Compte administratif.

**Wien ass mam Compte de gestion averstanen, dee vum Receveur gefouert gëtt?**

**Do ass dann Unanimitéit.**

**Wien ass mam Compte administratif averstanen, dee vum Schäfferot opgesat ass? Wie stëmmt dergéint? Wien enthält sech?**

**Dann ass de Compte administratif gestëmmt mat Stëmme vun LSAP, Déi Gréng an Déi Lénk, mat Enthalung vun ADR an CSV.**

## 2. Genehmegung vun engem spezielle Kredit

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Mer bleiwe bei de Gemengefinanzen a kommen zu engem Crédit spécial iwwer Oral History, e Projet iwwer d'Mémoire collective, wou mer déi eng oder aner Kéier hei am Gemengerot geschwat hunn a wou mer en Appel gemeet hunn, dass déi Diddelenger Bierger, déi an der Zäit vun 1920-1930 gebuer gi sinn an déi och d'Virkrichszäit matgemeet hunn, sech kënne mellen am Kader vun engem wëssenschaftleche Projet.

Do hu mer e Contrat de prestation de services mat enger Chercheuse, der Madame Laure Caregari, ausgeschafft. D'Ausrichtung intial war jo déi, dass dat heiten e Projet sollt gi mat der Uni Lëtzebuerg, wou mer och Kontakter mat hinnen haten, och mat hirem Departement vun der Geschicht, der Histoire contemporaine, fir am Kader vun engem Doktorat deen heite Sujet opzegräifen. Et huet sech awer herno erausgestallt, dass dat an deem Kader net méiglech war aus Grënn vun de Ressource-humainen einfach. Mer haten also eng Chercheuse zur Verfügung, déi och schonn deelweis Erfahrung an esou Projete gemeet huet an och mat der Uni Lëtzebuerg als Freelance matgeschafft huet an deen néidegen Know-how huet an am Kader vun deenen Diskussiounen an Ausrichtunge vum Projet, well mer hei eng Rëtsch Zäitzeie wëllen interviewen a leider d'Erfahrung hu misse maachen, dass ee wichtegen Zäitzeie vun där Zäit leider am Ufank vun dësem Joer gestuerwen ass, deen och d'Gestioun gemaach huet vum Musée des enrôlés de force, esou dass mer deen net méi interviewe kënnen. Et lafe schonns Interviewe mat Leit déi eng Réckmeldung ginn hunn. D'Madame Carregari muss natierlech dofir bezuelt ginn an och fir hir Déplacementer an dofir proposéiere mer, e Crédit spécial stëmmen ze loosse vun 80.000 Euro, eng global Zomm, an där si sech bewege ka fir déi Recherchen an Interviewe mat deene Leit ze maachen, déi oft 2 bis 4 Stonnen daueren an herno nach musse verschafft ginn an eis zur Verfügung gestallt ginn an déi mer visibel wëlle maachen, sief et am Kader vun enger Ausstellung, enger Audio-Austellung oder a soss enger Form, mä dat ass an enger zweeter Etapp. Fir d'éischt brauche mer dee Kredit. Si huet eng Aarbecht den 1. Mäerz 2015 ugefangen an et ass fir deen Optrag, dee si kritt huet, ofzewéckelen. Alleguerten déi Aarbechten, déi si mécht, déi Dokumenter, sinn natierlech d'Propriétéit vun der Gemeng, mir kënnen se archivéieren an drop zeréck gräifen. Et geet ëm en Opschaffe vun där Zäit, vun der Virkrichszäit, der Diddelenger Geschäftswelt.

Dat zu den Ausféierunge wat dëse Crédit spécial ugeet fir e Projet, dee fir Diddeleng net onwichteg ass.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Dee Projet begréisse mer natierlech expressis verbis. Mer haten déi Annonce och gesi gehat wou en Appel war un déi Diddelenger Bierger. Meng Fro ass, wéivill Leit hu sech gemellt?



A meng Fro ass och, wou ginn déi Enregistrementer da gemaach? Hu mer dofir op den CNA zeréck gegraff? Esou gutt wéi mir hei gestiwwelt si mam CNA, deen exzellenten Know-how huet fir déi Dokumenter ze maachen, dat wier flott. Aus dem Kontrakt gesäit een,. Dass dat sech op ee Joer limitéiert. Ass dat just d'Interviewen an dann d'Festhalen oder d'Schneide vun den Témoignagen oder kënnt do effektiv och bei dës Aarbecht vun der Madame Caregari d'Aarbecht derbäi fir eppes op d'Féiss se setze fir eng Ausstellung oder e Buch? Wéi ass et mat de Subsiden? Gëtt dee Projet subventionéiert vum Ministère de la Culture, vun de Patrimoines-Associatiounen, kann een do net nofroen, ob een eventuell ënnert d'Ärm gegraff kritt? Ech wollt och wëssen ob d'Madame Caregari Historikerin ass oder wéi eng Formatioun si huet. Merci.

Jean-Paul Gangler (CSV): Ech wollt just nofroen, mer hate jo am Kader vun der 100-Joer-Feier vun der Stad Diddeleng schonns esou e Moment, wou mer esou e Container do ënnen op der Stadhausplaz stoen haten. Do si Leit interviewt ginn, do waren och Diddelenger Originaler derbäi wéi zum Beispill de Ferd Schumacher. Gëtt dat Material och mat dësem Projet verschafft oder ass dat komplett à part? Hu mer déi Opzeechnungen nach a kënne mer déi hei mat verschaffen? Dat war meng Fro.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da géif ech eng Rëtsch Äntwerte gi par rapport zu de Froen, déi gestallt gi sinn.

D'Madame Carregari ass Historikerin, si konsultéiert natierlech och d'Archive vum CNA wéi och d'Archive vun der Gemeng. Eist Sekretariat steet zur Verfügung fir hir ze assistéierten. Mer haten och scho Sitzunge wou mer potentiell Témoinen uginn hunn nieft deenen, déi sech mellen. Si huet natierlech och hiert eegent Material vu datt si an dem dote Beräich Erfahrung huet. Si huet och Material vum CNA ausgeléint.

Déi Interviewe fanne bei deene Leit doheem statt, et ass jo och eng Vertrauenssaach an hei ass de Projet fir déi Témoignagen opzehuelen a wëssenschaftlech ze verschaffen an 2016-2017 ze kucken, ënnert wéi enger Form dës Témoignagë kënnen accessibel gemaach ginn, op eng audiovisuell Manéier oder am Kader vun engem Buch. Mer haten eis informéiert, ob dee Projet ka subventionéiert ginn an d'Äntwert vum Fonds national de la recherche, wou mer telefonesch Kontakt opgeholl hunn, war Neen, et ass net e Projet, deen ënnert d'Critèrë fält.

Fir op dem Här Gangler seng Fro ze kommen: De Video, dee fir 100-Joer-Diddeleng gemaach gouf, huet aner Témoignagë wéi deen heite Projet. Do konnten d'Leit an de Container goen an eng Ausso maachen, déi hinne wichteg war. Dat ass och an dësem Fall, mä hei ass eng Trame, déi gefuer gëtt mat enger wëssenschaftlech Approche.

Dat zu dëse Froen, da géife mer zum Vote kommen.

**Wien ass mat dem Crédit spécial vun 80.000 Euro averstanen ?**
**Das ass unanime.**

**3. Genehmegung vum zweeten Avenant vum Contrat de bail mat dem Här Pietro Buttiglione iwwert d'Exploitation vun der Buvette an der oppener Schwemm**

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Am leschte Gemengerot hate mer iech matgedeelt, dass d'Schwemm net kann opgoen, an dass mer do e Modus fonnt hunn, deen e bësse méi wäit féiert. Natierlech hu mer hei dee Contrat de bail mam Här Buttiglione, dee jo d'Buvette bedreift a mir hu Récksprooch mat him geholl an him dat erkläert. D'lescht Joer gouf et verlängert vun 2016 op 2017 an dëst Joer géife mer et dann erëm ëm e Joer verlängere an de Loyer fir 2015 géife mer him natierlech net froen. D'Schwemm wäert d'nächst Joer erëm operationelle sinn an da kënnt hien erëm op seng normal Durée zeréck. Dat sinn d'Explicatiounen zu dëser Verlängerung vum Contrat de bail.

Marc Schiffmann (ADR): Eng Fro ass déi heiten: Gëtt d'Buvette an de Vakanze stonneweis opgemaach oder net?

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Mer haten natierlech gefrot ob den Här Buttiglione interesséiert wier, d'Buvette opzehalen, mä hie sot dass dat bei deene Horairen net rentéiert.

**Ass de Gemengerot mat där doter Verlängerung averstanen? Dat ass unanime.** Merci villmools.



**4. Genehmegung vun ausseruerdentlechen Décomptë fir Aarbechten**

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Elo komme mer zu enger ganzer Rëtsch vun Décompten.

Den éischten Décompte ass de **Centre de santé scolaire** op der Beetbuergerstrooss, wou eis Médecine scolaire ass. Dat war d'Détection de feu, en Devis vu 35.000 Euro, d'Dépense war 22.282,99 Euro, dat war iwwert d'Budgetsjoer 2014. Déi effektiv Dépense ass manner héich ausgefall virun allem well e gudden Deel vum Compartimentage net gemeet ginn ass, sou wéi et och an den Explikatiounen hei steet, vu dass am Kader vun deem Montant do déi al Installatioun vun der Détection de feu ofgeholl ginn ass. De Minimum, dee wichteg ass, gouf gemeet. Am Kader vum Pluriannuel wëlle mer eis deen néidege Budget gi fir dat vollstänneg ze maachen.

Dann de **Câblage a verschidde Schoulen,** schlussendlech gouf am **Brill** de Câblage frësch gemeet, dat war en Devis vu 40.000 Euro an d'Dépense effective war 39.994,41 Euro, dat waren d'Budgetsjoren 2008-2009.

De **Câblage an der Butschebuerger Schoul,** dat war 45.000 Euro, d'Dépense effective 35.628 Euro, dat hat domat ze dinn, dass déi Aarbechten, déi gemeet gi sinn, méi bëlleg ausgefall si wéi den Devis gestëmmt ginn ass.

De **Réaménagement vum Sous-sol am Brill,** wou den CAD Power era geplënnert ass. Den Devis war 287.500 Euro an d'Dépense effective war 276.964,03 Euro.

De **Réaménagement vum Sous-sol um Däich,** do war den Devis 46.000 Euro an d'Dépense effective war 45.564,68 Euro. Et hunn Usträichaarbechte misse gemeet ginn an dat war d'Budgetsjoer 2010.

Dann awer och erëm e **Câblage, Telefon an Informatik um Strutzbierg,** Centre C, Centre D, an der **Waldschoul,** am **Wolkeschdall Eecherdall,** dat war en Devis vu 25.000 Euro an eng Dépense effective vu 17.705,15 Euro. Och do waren d'Aarbechten nom Devis méi bëlleg.

Den **Aménagement vun zousätzleche Säll an de Couloire vun der Briller Schoul,** dat war en Devis vun 33.000 Euro, do war d'Dépense effective 24.549,63 Euro. Do sinn zousätzlech Säll ageriicht gi fir aner Aktivitéiten an der Schoul ofzehalen. Dat waren d'Budgetsjoren 2012 an 2013.

Da waren d'Aarbechte ronderëm d'**Transformatioun vum Restaurant Park Le'h,** wou engersäits och d'Gemenge 50% vun de Käschte vun der Transformatioun iwwerholl hat. Do hate mer am Gemengerot schonns 2011 driwwer geschwat 287.500 Euro, d'Dépense 287.500 Euro, wou engersäits den Exploitant an anersäits d'Gemeng als Propriétaire sech D'Käschte gedeelt hunn.

Am Kader vun der Schwemm hu missen **Travaux de maintien ronderëm d'Installatioune vun der Schwemm.** Den Devis war 30.000 Euro an d'Dépense effective war 28.519,20 Euro. Dat war fir dass d'Schwemm nach funktionell bleift éiere se definitiv zougemaach ginn ass.

Da méi e rezenten Décompte, dat ass **d'Rue des Champs,** do war den Devis 900.000 Euro an d'Dépense effektive war 898.318,39 Euro, dat waren d'Budgetsjoren 2013 an 2014. Dës Aarbechte sinn elo ofgeschloss.

Dann en Décompte fir de **Réaménagement du Centre-ville de mobilier urbain,** do war den Devis 50.000 Euro an d'Dépense effective war 25.186,35 Euro, dee Projet ass méi bëlleg ausgefall well et eng aner Ausriichtung kritt huet ronderëm d'Kandelaberen an d'Passerelle du Centenaire, respektiv d'Passerelle des villes jumelées, wou mer elo Panneaue stoen hu vun eise jumeléierte Gemengen.

Weiderhin hu mer en Décompte fir d'**Promotion des énergies renouvelables,** dat ass en Devis vu 50.000 Euro an d'Dépense effective 35.943,53 Euro. Dat ass d'Photovoltaikanlag beim Centre culturel, dat war am Joer 2010, wou dat installéiert ginn ass.

Dat sinn déi Décompten, déi ech iech presentéiere wollt. Si Froen dozou?

Jean-Paul Gangler (CSV): Ech wollt froen ob mer do net e bësse méi Detailer kënne kréien iwwert den Décompte vun der Le'h. Wat ass do geschafft ginn, wéi e Material gouf do verschafft, fir esou en décke Posten ze justifiéieren?

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Ech wollt nofroe bei den Travaux écoles - Reaménagement du sous-sol, do hu mer elo héieren, dass dat fir den CAD Power ass. Do muss 287.500 Euro, dat ass awer schonn eng immens Zomm an da wollt ech froen, do sinn esou Firmae wéi Aqua Consult, déi kréien 17.000 Euro a Pro Aqua Services kritt 7.000 Euro, Sanichaufer kritt am Ganz-



en 124.000 Euro. Ech fannen, dat si relativ grouss Saachen, an dann nach eng Kéier Aqua Consult mat 3700 Euro. Wat ass dat mat deem Aqua, well do ass jo awer keng Schwemm ënnen drënner a keng Sauna ageriicht ginn an do wär et awer mol interessant, ze wësse wat sech hannert deene Rechnunge verstoppt.

Da wollt ech nach soen, dass mer eis par rapport zu den Travaux de maintien des installations - Piscine Centre Hartmann vun 2009-2010 enthale well dat war wéi d'Schwemm schonn zou war. Do hu mer gesot, all dat Reparéiere bréngt näischt, do hate mer eis deemools och enthalen an da maache mer dat konsequenterweis dann och haut.

Marc Schiffmann (ADR): Wat de Park Le'h ubelaangt, dat wëll ech och wëssen an ech wäert mech enthale beim Centre Hartmann aus deenen nämmlechte Grënn.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ginn et nach weider Froen dozou?
Da ginn ech op déi verschidde Froen an.

Den Décompte baséiert sech jo op eng Diskussioun iwwert en Devis, dee mer am Gemengerot gestëmmt hunn, 287.500 Euro. An deem Kader hate mer ëmmer gesot, dass mer maximal 50% géifen iwwerhuele vun den Aménagementsaarbechte ronderëm d'Le'h wou mer jo Propriétaire sinn. Dat beinhalt de Keller an och de Rez-de-Chaussée, wou Transformatiounen a Vergréisserunge gemeet gi sinn an och en Invest um Niveau vun der Kichen. Dat ass deen heiten Deel, deen d'Le'h betrëfft.

Dee ganzen Invest, deen do getätegt ginn ass, ass engersäits vun der Gemeng an anerersäits vum Exploitant gedroe ginn.

Wat den CAD Power betrëfft, do ware mer an där Situatioun, dass mer hu missen, fir déi Aktivitéite vum CAD Power maache kënnen ze loossen, engersäits Sanitären, also Toiletten an Duschen installéieren, wat net evident war. Mir hunn deen dote gréisseren Invest gemeet well och wann den CAD Power plënnert, bleiwen déi doten Infrastrukture bestoe fir de Schoulbetrib, sou dass dat en nohaltegen Invest ass.

Dat zu deenen doten Ausféierunge an da géif ech zu der **Ofstëmmung vun den Décomptë kommen, erausgeholl dee vun der Piscine ronderëm de Centre Hartmann.** D'Le'h ass mat dran, et gouf net gefrot fir d'Le'h erauszehuelen.
Wien ass mat deenen Décompten averstanen?
**Dat ass unanime.**

Da komme mer zum **Décompte vum Centre Hartmann, vun der Piscine.** Wie stëmmt deen Décompte. **Dat ass LSAP an Déi Gréng.**
**Wien enthält sech? Dat ass Déi Lénk an CSV.**
**A wie stëmmt dergéint? Dat ass den ADR.**

**5. Genehmegunge vun Ännerunge vum Règlement-taxes wat d'Sproochcourse ugeet.**

Claudia Dall'Agnol (LSAP - Schäffin): Mir hu jo schonns am Dezember hei déi nei Conventioun vun der Gemeng mat dem Ministère de l'Éducation gestëmmt wat eis Sproochecourse oder Cours pour adultes ugeet an deemools hunn ech iech scho gesot, dass de Ministère d'Regelen no deenen déi Subside gerechent ginn, geännert huet, wat am Endeffekt ganz einfach heescht, datt mer als Gemeng méi mussen ausginn, respektiv méi bäiginn. Ech maachen e klengt Rechebeispill: bis d'lescht Joer huet de Ministère de Gros vum Defizit ëmmer iwwerholl. Bei eis waren dat vun 2013-2014 inclus bis zu 1200 Euro pro Cours. An dëst Joer huet de Ministère nëmmen 10 Euro pro Stonn iwwerholl an dat géing dann, wann d'Coursen ongeféier 44 Stonnen hätten, nëmmen nach 440 Euro ausmaache, wou se bäiginn. Dofir hate mer fir d'Schouljoer 2013-2014 en Defizit vu ronn 36.000 Euro gemeet, dat variéiert ëmmer e bësse vu Joer zu Joer an hänkt och vun der Schülerzuel of. Dëst Joer wäert den Defizit nodeems mer d'Tariffer fir 2014-2015 jo schonn eng Kéier ëm 30% gehuewen haten, op ronn 46.000 Euro usteigen. Dat heescht, dee wäert ronn 10.000 Euro méi héich gi wéi dat nach d'Schouljoer virdru war. Dofir géife mer iech proposéiere fir d'Präisser vun de Couren fir d'nächst Joere eropzesetzen an zwar proposéiere mer fir d'Lëtzebuergesch Coursen 85,00 Euro amplaz vun elo 65,00 Euro, fir Franséisch 100 Euro amplaz 80 a fir Englesch-a Portugisesch-Coursen de Präis op 125 Euro festzeleeën amplaz 80 Euro. Domat géing eisen Defizit erëm op den Niveau vum Schouljoer 2013-2014 falen, nämlech op ronn 33.000 Euro.

Wéi gesot, dat hänkt och vun der Schülerzuel of. Mir hunn déi dote Präisser erausgesicht well mer der Meenung sinn, dass Lëtzebuergesch déi Sprooch soll sinn, déi am meeschte geléiert gët an dofir fir jiddere soll abordabel bleiwen. Duerno kommen natierlech déi franséisch Cours-



en an do wëlle mer net allzevill mam Präis an d'Luucht goen, mä mer mussen dat awer leider. Duerno komme déi Coursen, déi keng vun den Amtssprooche sinn, Englesch, Portugisesch an et wieren dann eben déi, wou mer am meeschte géifen héijen. Als kleng Remarque dozou, mer hu gesot mer géingen se op 125 Euro festleeën. D'Stad Esch freet fir Coursen, déi keng Amtssprooche sinn, 150 Euro, sou datt mir iech géife proposéieren, awer trotzdem nach ënnert deem Taux ze bleiwen.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Wa keng Froen dozou sinn, géife mer zur Ofstëmmung vun deem dote Règlement-taxe kommen, wat elo direkt am September applizéiert gëtt wann d'Coursen ulafen.

**Wien ass mat der Ofännerung vum Règlement-taxe averstanen?**
**Dat ass unanime. Merci villmools.**

**6. Genehmegung vun ausseruerdentleche Subsiden**

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Mer kommen elo zu enger Rei extraordinäre Subsiden:

- 250 Euro fir de **Boxing-Club Diddeleng** fir hiren 80. Anniversaire
- 150 Euro fir d'**Association nationale des Victimes de la Route**
- 403,50 Euro fir d'Association italo-luxembourgeoise Beetebuerg/Diddeleng fir d'Italienesch-Coursen 2014/15, als Bäihëllef zu hirem Defizit vun 1640 Euro.

Hei ginn ech dem Claudia d'Wuert fir e puer Informatiounen.

Claudia Dall'Agnol (LSAP - Schäffin): Déi Course sinn alleguerte méi deier ginn an d'Association italo- luxembourgeoise gëtt déi Italienesch-Coursen hei am Lycée an zu Beetebuerg fir d'Gemenge Beetebuerg an Diddeleng och si sinn dovunner betraff, dass de Ministère d'Subside fir déi Sproochecoursen erof gesat huet. Dat heescht, dass se dëst Joer en Defizit vu 1640 Euro géinge maachen. Dovunner hunn d'Schüler sech bereet erkläert gehat, d'Halschent vun dem Defizit droen, dat heescht, dass déi Schüler déi am Cours waren, selwer en Zousazbäitrag leeschte fir datt déi Coursen iwwerhaapt kënne stattfannen. D'Associatioun ass bäi d'Gemeng Beetebuerg gaangen an huet do ugeklappt an déi hunn hinnen 25% vun deenen net gedeckten Onkäschte bäi geluecht a wa mir esou wéi de Schäfferot dem Gemengerot dat elo hei virschléit, dat selwecht géing maachen an hinnen dee Subside extraordinaire vun 503,50 Euro géing accordéieren, dat wier dee selwechte Betrag, dee Beetebuerg hinne géif accordéieren, da wier domat hiren Defizit gedeckt.

Vläit nach eng kleng Zousazinformatioun dozou, well dat awer exzeptionell ass: Wa si géingen ophalen, well se d'Course selwer net méi kenne finanzéieren a mir hätten awer gär, datt weider Italienesch-Coursen ugebuede ginn, da misste mer dat selwer maachen an dat géing eigentlech méi kaschten. Dat heescht, wa mer zouloossen, datt déi Associatioun bankrott geet, da maache mer entweder keng Course méi oder et kascht méi wéi dee Montant, deen elo am Raum steet.

Ech wollt och nach soe fir déi Leit, déi dës Associatioun vläit net esou gutt kennen, déi mécht eng super Aarbecht, dir kënnt iech Ëmfroe bei Frënn oder Famill, déi selwer schonns emol an esou Course waren, déi si ganz uerdentlech organiséiert an déi fannen och regelméisseg statt. Wann ee krank gëtt hunn se och meeschtens en Ersatz a si si bei de regelméissege Réunioune mam Ministère derbäi. Och fir d'Gemeng ass ëmmer en Uspriechpartner direkt ze erreechen a si wëssen och ëmmer Rot an Äntwert ze ginn an dofir proposéiere mir, hinnen dëse Subsid ze accordéieren.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci Claudia, ech fueren da weider mat de Subsiden:

- 500 Euro Subsid fir den **DTD Dëschtennis Diddeleng** fir den Titel als Champion du Luxembourg Seniors an als Gewënner vun der Coupe de Luxembourg Seniors an der Saison 2014/2015. Et sinn zweemol 250 Euro.
- Dann nach eng Kéier den **DTD Dëschtennis Diddeleng:** 1250 Euro well se um éischten an um zweeten Tour vun der Coupe d'Europe matmaachen, dat ass eemol 500 Euro an eemol 750 Euro.
- 250 Euro fir **Diddeleng Hëlleft** als finanzielle Bäitrag fir hiren 20. Anniversaire
- 250 Euro fir de **BBC corporatif Basket, de Black Lions Diddeleng,** déi dëst Joer am Corporative Basket de Champion gemeet hunn.

Wa keng Froe sinn, komme mer zum Vote.
**Ass de Gemengerot mat deene Subside-extraordinairen averstanen?** Dat ass **unanime**. Merci.



# 4. GEMENGEPLANUNG A STADENTWÉCKLUNG – GENEHMEGUNG

**1. Genehmegung vun der Konventioun an dem Ausféierungsprojet mat der Firma Wickler Frères Sàrl aus Angelduerf betreffend den Deelbebauungsplang (Plan d'aménagement particulier) "Rue Ribeschpont"**

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): An der Rue de Lebork ass jo scho virun enger Rei Jore gebaut ginn an do bestinn och schonns de PAP an eng Konventioun. Dat hei ass elo e bësse méi wäit vun der Rue de Lebork an der Rue de Ribeschpont, vis-à-vis vum Parking an der Portierswunneng vun der Schoul. Dat heiten ass eng Konventioun tëschent der Gemeng an der Firma Wickler Frères. Dës Konventioun ass klassesch opgebaut, et ass am Fong net méi gülteg wann zwee Joer nodeems se ënnerschriwwe ginn ass d'Infrastrukturaarbechten net realiséiert gi sinn. De PAP Ribeschpont ass de 17. Juni 2011 hei am Gemengerot presentéiert, diskutéiert an délibéréiert ginn an den 28. September 2011 vum Inneminister gutt geheescht ginn. Déi heite Konventioun fir d'Finanzement vun den Travaux d'infrastructure, déi musse gemeet an och zedéiert ginn am Kader vun der Cessioun vun den Terraine, fir déi doten Infrastrukturen an Aménagementer an natierlech och den Délai fir d'Realisatioun vum Projet, d'Infrastrukturaarbechten, déi do gemeet ginn op där klenger Parzell op der Voirie publique, dat ass eng Phas vun Aarbechten, déi do gemeet ginn an d'Durée fir déi Aarbechten ze maachen, ass dräi Joer an de Maître d'ouvrage muss natierlech do d'Fraisen droe fir déi Aménagementer ze maachen.

Hie muss eis och déi néideg Pläng gi fir och ganz kloer d'Emplacementer vun de Borduren, de Pavé, den Trëttoir, d'Bornes de stationnement, 5 Parkplazen, d'Bacs à arbres, d'Kandelaberen, also déi klassesch Infrastrukturaarbechten, déi do virgesi sinn. Natierlech ass et esou, dass déi Infrastrukturaarbechte finaliséiert musse sinn, dat heescht d'Voirie, ab deem Moment wou och d'Konstruktioune fäerdeg sinn, et gëtt e Revêtement provisoire gemaach mä deen definitive gëtt eréischt zum Schluss vun den Aarbechte gemeet fir d'Voirie net zevill ze abiméieren. Och dat ass eng klassesch Prozedur, déi mer an eise Konventiounen hunn.

De Montant ass estiméiert op 270.550 Euro, d'TVA vu 17% abegraff, an de Maître d'ouvrage muss och eng Garantie ofgi fir dat kënnen ze maachen an déi muss natierlech virleien éier d'Baugenehmegung ausgestallt gëtt.

An dësem PAP gi gutt 12% un d'Gemeng cédéiert a mir froen do keng Soulte well jo Aménagementer gemeet ginn a natierlech muss déi Cessioun un d'Gemeng gemeet gëtt, innerhalb vun deenen dräi Méint no der Réception definitive vun den Travaux d'infrastructure gemeet ginn. Wann déi heite Konventioun duerch an approuvéiert ass, eréischt da kann de Buergermeeschter eng Baugenehmegung ausstelle fir dass déi véier Unitéite kënne realiséiert ginn, dovunner zwee jumeléiert Haiser, Trëttoir mat den néidege Borduren a fënnef Parkplazen.
Dat ass alles wat ech wollt soen. Vläit nach eng Präzisiounen zu de Pläng, deen Deel wou do gebaut gëtt an der Ribeschponterstrooss, do gëtt de Sens unique opgehuewen an den Double sens ass méiglech. Et ass och e Wendehammer virgesi fir déi Leit, déi do wunnen. Dir fannt dat alles an de Pläng erëm.

Dat zu den Ausféierunge wat dëse PAP ugeet, dat ass also eng Weiderféierung vun engem viregte PAP, dee mer gemeet hunn, an et reit sech alles an an den Développement vum PAP Ribeschpont. D'Diskussioun ass elo op.



Jean-Paul Gangler (CSV): Ech wollt mer da just erlaben, nach eng Kéier déi Saach ze widderhuelen, dass et flott wier fir d'Gemengerotsmembere wann se en Accès zu deene Pläng hätten dee Moment wann se den Dossier vum Gemengerot kréien oder wann dat um Internet wier well et fastidiéis ass fir hei an d'Gemeng ze komme fir sech dat ukucken ze kommen. Ech hätt mer dat gär am Viraus ugekuckt fir mer e Bild ze maachen. Et ass just eng Affaire vu Kammouditéit an Entgéintkommen an der Kommunikatiounspolitik vum Schäfferot vis-à-vis vum Gemengerot.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Mir hu kee Problem dermat, ze kucken, dass der dat doten zougemailt kritt. Ech wëll awer och soen dass et net onwichteg ass, sech d'Pläng mat Fachleit unzekucke well een dann direkt zousätzlech Informatioune kréie kann, mä wann et méiglech ass, kënne mer dat och per E-Mail maachen, wann d'Capacitéiten dat zouloossen. Wann et machbar ass, ass dat vun dëser Säit aus kee Problem.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Et ass jo esou, dass dee Sens unique an der Ribeschponterstrooss méi erop gesat gëtt an do e Rond-point dra kënnt?

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Et ass just deen Deel, wou d'Baufënster ass, do gëtt den Double sens agefouert an do kënnt e Wendehammer fir dass d'Leit do kënnen dréinen. Mä deen aneren Deel, dat bleift eng Einbahnstrooss.

**Da géif ech zur Ofstëmmung vun dësem PAP kommen. Wien ass mat der Convention d'exécution averstanen? Dat ass unanime.** Merci.

**2. Genehmegung vun der Konventioun mat der Firma Vincent Zappone promotions immobilières SA vun Diddeleng betreffend en ëffentleche Parking am Kader vum Bau vu fënnef jumeléierten Haiser an der "Rue du Château-Fort"**

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da komme mer zu der zweeter Convention d'exécution. An dësem Projet geet et drëms, fënnef jumeléiert Haiser ze bauen, dräi Eeefamiljenhaiser an zwee Zweefamiljenhaiser wou och e Parking aménagéiert gëtt, also fënnef Parkplazen. D'Konventioun ass esou geregelt dass all Haus, dat do gebaut gëtt, eng individuelle Autorisatioun vum Buergermeeschter brauch. De Maître d'ouvrage, nieft der Parzelle wou mär Propriétaire sinn, wou de Moment aacht Spillplazen oder 2 Wippe sinn. Och eng Parzelle ass, wou de Maître d'ouvrage Propriétaire ass an eis déi cédéiert. De Maître d'ouvrage aménagéiert déi fënnef Parkplazen, déi dann herno der Gemeng cédéiert ginn. Dir gesitt dat op de Pläng, et ass d'Parzell 309541, déi un d'Gemeng geet. Et geet ëm eng Zomm vu 57.255,41 Euro, déi de Maître d'ouvrage muss virleeën an natierlech muss d'Baugeneemegung fir d'Haiser virleien éier gebaut gëtt. De Parking gëtt just zu engem Deel aménagéiert, ni ganz. Et gëtt eréischt ganz aménagéiert, wann déi Wunnunitéiten do sinn, fir ze verhënneren, dass duerch d'Aarbechten d'Voirie beschiedegt gëtt. Den Délai fir d'Infrastrukturaarbechten ass ee Joer nom Ufank vun den Aarbechten an dës Konventioun huet eng Dauer vun zwee Joer ab deem Moment wou se vun der Autorité supérieure genehmegt ginn ass. No zwee Joer verléiert se hier Gültegkeet an ass da periméiert.

Et ass e ganz flotte Projet am Quartier Butschebuerg, wou nei Wunnengen entstinn, dee sech areit an eng Rëtsch Reienhaiser, déi do entstinn. Fënnef Gebaier, fënnef Parkplazen an déi zwou Wippe ginn op enger Plaz am Kader vun engem Aménagement vun eise Servicer opbereet.

Esouvill zu den Ausféierungen zu dëser Konventioun an d'Diskussioun ass op.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Wann ech dat richteg verstanen hunn, ginn dat fënnef ëffentlech Parkplazen an dat huet näischt mat de Parkplazen ze dinn, déi d'Leit virun hirer Dir mussen hunn. Wat ass d'Motivatioun vun der Gemeng, fir do op där ëffentlecher Plaz elo e Parking ze maachen? Do war eng kleng Spillplaz, och wann se net doll ass

Mir hu gutt 100.000 Euro investéiert an de Park Mayrisch, gutt 50.000 bei de Minettsdäpp fir eng nei Spillplaz ze maachen. D'Madame Di Bartolomeo als Presidentin vun der Familljekommissioun mécht eng ganz flott Aarbecht fir d'Spillplazen ze revaloriséieren an elo maache mer hei eng Spillplaz einfach ewech. Wann ech dat richteg matkritt hunn, kënnt se ënnen hinner an déi Kéier wou d'Rue Jacques Reiffenberg ass an d'Strooss wou de Scoutshome St. Jean steet. Dat ass jo awer éischter eng Rouplaz an och geféierlech well



d'Leit do wierklech séier fueren. Fir do eng Spillplaz hin ze maachen, da muss een dat jo komplett anzäunen, wat jo awer net de Sënn vun der klenger Raschtplaz ass. Dofir ass meng Fro: Firwat ass d'Gemeng net op dee Wee gaangen, ze soen, wann déi fënnef nei Wunnenge kommen, do si jo och bestëmmt vill Leit mat klenge Kanner derbäi an da wier eng Raschtplaz, eng Minispillplaz awer flott. Déi grouss Kanner kënnen an de Bësch lafen an d'Eltere sëtze mat deene klenge Kanner op der Spillplaz. Ech verstinn net firwat do elo d'Iwwerleeung war fir déi Spillplaz ze afferen.

Brit Schlussnuss (LSAP): Also, bei eis ass et e bëssen anescht, mir gesinn dat éischter méi logesch. Do entsti fënnef flott Haiser déi sech gutt an déi Géigend integréieren. Déi Spillplaz, wann een dat esou kann nennen, ass anscheinend laut den Informatiounen net vill benotzt ginn, an ech menge mer brauchen hei net iwwer de Parkkonzept vun Diddeleng ze schwätzen. Mir sinn der Meenung, dass déi fënnef Parkplazen do wierklech gutt ugeluecht sinn an och hiren deel derzou bäidroen, dass dee Projet an engem Gesamtkonzept gestallt gëtt an déi Spillplaz ass net verluer, do hu mer eis och eppes Schéines afale gelooss an dofir ginn ech dem Josiane Bartolomeo d'Wuert.

Josiane Di Bartolomeo (LSAP): Ech huelen e bësse méi wäit aus well insgesamt ass dat keng Spillplaz. Et ass eng Raschtplaz, déi war geduecht gi fir wann d'Leit op de Bierg spazéiere ginn an e bëssen ze raschte wann se erëm erof kommen. Mir hu vu längerer Zäit zwou Wippen dohinner gestallt, mä déi Plaz gëtt net vill genotzt. Dat heescht awer net, datt déi Plaz elo einfach ewech geholl gëtt. Wéi der wësst, hunn ech mech ëmmer fir déi Projeten investéiert an ech hunn dat och hei gemaach. Ech hu mer déi Plaz ugekuckt, et ass just eng Raschtplaz, eng Plaz wou eng Fra sech kann hisetzen an do stinn zwou kleng Wippen. Well mer awer vum Interesseveräin eng Demande kruten, ënne bei der Quell, wou gesot gëtt et wier geféierlech, wat och stëmmt. Dat gëtt awer elo net e Prisong, mer wëllen einfach dervu profitéiere vun der Plaz déi elo gestallt gëtt, dat wat uewen ewech geholl gëtt, ab dee Projet integréiert gëtt. Mir maache laanscht d'Strooss en normaalt Geländer, wou d'Kanner net kënnen an d'Strooss sprangen. Mir integréieren do eng Wipp a vläit nach eppes, an dann ass dat keng geféierlech Plaz méi. Et kann ee sech iwwerleeën en Höcker an der Richtung vu Käl erof ze maachen. Déi Plaz huet vun der Breet hir 10 Meter. An der Gaffelt ass d'Spillplaz och bal op der Strooss. Mer hunn ëmmer probéiert, gutt Aarbecht ze leeschten a fir jiddereen eppes ze maachen. Ech war esouguer hannert d'Butschebuergerschoul, do hu mer e Ministade, Schaukelen, Wippen, Sandkaulen, mer hunn Allméig-leches. Hei ass am Fong just eng Raschtplaz. An der leschter Sëtzung war den Interesseveräin och der Meenung, dass wa mer d'Sécherheetsmoosnahme respektéieren dat eng ganz flott Plaz fir Grouss a Kleng gëtt.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da géif ech proposéieren, dass de Gemengerot iwwert déi dote Konventioun ofstëmmt.

**Wien ass mat dëser Konventioun fir Parkplazen do ze schafen, wat jo eng Conditioun ass wann ee baut fir dass de Projet viabel ass, averstanen?**
**Dat ass unanime.** Merci.



## 5. REGIONAL MUSEKS SCHOUL – GENEHMEGUNG VUN DER PROVISORESCHER SCHOULORGANISATIOUN FIR D'SCHOULJOER 2015/2016

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Dëse Punkt bezitt sech op d'Schoulorganisatioun vun der Museksschoul fir d'Joer 2014-2015 an dofir ginn ech dem Claudia d'Wuert.

Claudia Dall'Agnol (LSAP - Schäffin): Dir wësst wéi dat mat der provisorescher Schoulorganisatioun fir d'Museksschoul ass. Déi gesäit de Législateur fir mä et ass e bësse wéi wann een a seng Glaskugel kuckt a mengt ze wëssen, wat dat nächst Schouljoer bréngt a wéivill Aschreiwungen et wäert ginn.

Di Chifferen déi ugi sinn, déi ännere vun Dag zu Dag, eise Chargé de direction, den Adrien Theato, sot esouguer, datt déi vu Stonn zu Stonn änneren. Sou datt dat ëmmer nëmme provisoresch Zuele sinn an datt mer am Hierscht dann eben déi definitiv Zuele kréien.

Op déi Chiffere komme mer am Hierscht nach eng Kéier zeréck.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci fir déi kuerz a bündeg Explicatiounen, da komme mer zum Vote.

**Ass de Gemengerot mat där provisorescher Organisatioun vun der Museksschoul averstanen? Dat ass unanime.**

Da komme mer eriwwer zum Gemengepersonal.

## 6. GEMENGEPERSONAL

**1. Schafe vun dräi Posten als Chargé de cours fir de Museksunterrecht op Vollzäit (22 Stonnen) a fir eng onbegrenzt Dauer mam Statut vum Salarié**

Claudia Dall'Agnol (LSAP - Schäffin): Do hu mer éischtens emol eng Persoun, déi an d'Pensioun geet, de Solfège wéinst Stonnen, déi den aktuelle Kader net iwwerhuele kann an dobäi kënnt nach de Schluss vun engem Congé parental, dee muss assuréiert ginn an de Kontrabass, dat wär fir d'Fach kënnen anzeféieren.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Dat zu der Créatioun vun deenen dräi Posten.

**Ass de Gemengerot domadder averstanen? Dat ass unanime.** Merci.

**2. Schafe vun zwee Posten an der Carrière vum Éducateur diplômé fir 40 Stonnen d'Woch, fir eng onbegrenzt Dauer mam Statut vum Gemengenemployé**

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da komme mer zu eise Maison-relaisen, och do ass hei d'Propose, zwee Posten ze schafen an der Carrière vum Éducateur



diplômé. Och dat baséiert op den Demandë par rapport zu eise Maison-relaisen, déi ëmmer méi zouhuelen. Et huet och mam Recrutement ze dinn, dee mer herno am Huis clos maachen. Am September wëlle mer déi néideg Ressourcen hu fir Leit kënnen anzestellen.

Nieft deenen zwou Ronnen, déi mer gedréint hu ronderëm d'Personal an de Regiebetriber, engersäits hei och an der Administratioun, hu mer och Wëlles, hei am Gemengerot am Kader vun engem informelle Gemengerot déi gesamte Maison-relaise op de Leescht ze huele fir ze weise wie wou op wéi engem Site affektéiert ass, vu dass dat Strukture sinn, fir déi an deene leschte Joeren eng ganz Rei Recrutementer gemeet gi si well dat och eng politesch national an och lokal Volontéit ass, déi mer hei an de Bänken deelen. Natierlech, wann do ëmmer méi Kanner an eis Strukture kommen, da musse mer och dat néidegt Personal astellen.

Dat gesot, **wien ass mat der Créatioun vun deenen zwee Posten averstanen?**

**Dat ass unanime.** Merci.

Wann de Gemengerot averstane ass, géife mer de Punkt vun der Ponderosa virhuelen, éier mer an de Huis clos ginn.

Da komme mer zum Punkt 8, dee vum Här Schiffmann op d'Dagesuerdnung gesat gouf.

## 8. VUM GEMENGEROT MARC SCHIFFMANN AN UWENNUNG VUN DE BESTËMMUNGE VUM ARTIKEL 13 VUM OFGEÄNNERTE GEMENGEGESETZ VUM 13. DEZEMBER 1988 OP D'DAGESUERDNUNG GESATENE PUNKT BETREFFEND D' 'PONDEROSA'

Marc Schiffmann (ADR): Ëm d'Ponderosa gouf sech net méi gekëmmert a si ass mëttlerweil an engem desolaten Zoustand, zum Deel verfall an zum Deel duerch Vandalismus zerstéiert. Et läit Schrott dorëmmer an et ass e klenge Schandfleck an der soss esou schéiner Natur do uewen, wann een do spazéiere geet.

Ech hu mech ëmfrot a krut gesot, dass den Terrain an domat och d'Gebai der ARBED gehéiert. Den Terrain ass vun der Natur- a Bëschverwaltung gepacht. Eise Fierschter, den Här Netgen, këmmert sech doröms.

Eng Iddi, déi den Här Netgen hat an déi ech perséinlech och ganz gutt fannen, wier fir do e Site ze maache wou d'Schoulkanner kënnen en Dag verbréngen an op eng lieweg Manéier iwwert d'Natur an d'Déiere léieren. Dofir muss awer esou munches geschéien. D'Gebai misst renovéiert gi wann et dofir net schonns ze spéit ass. Oder awer, mam Accord vun der ARBED ofgerappt ginn an duerch eng nei Konstruktioun ersat ginn, dat Ganzt aus Holz an esou gestalt, dass et an d'Natur erapasst.






Am Gebai kéint een zum Beispill eng permanent Ausstellung iwwert d'Naturwëssenschaft installéiere wou d'Kanner déi theoretesch Grondlag vun Technik, Medizin oder Ëmweltschutz kéinte kenne léieren.
Ronderëm kéint ee klenge Planzegaart ugeluecht ginn an de Weier, deen do ass, kéint nees aktivéiert ginn.

Dat Ganzt ass natierlech mat Käschte verbonnen. Den Här Netgen huet mer gesot, si wären dat lescht Joer un d'Gemeng erugetruede mat der Fro, ob et méiglech wier fir e Budget zur Verfügung gestallt ze kréien. Vill vun den Aarbechte kéinte jo vun eise Gemengeservicer gemaacht ginn. Den Här Bodry wier awer doru guer net interesséiert gewiescht an hätt dat ofgelehnt.

Ech hunn awer och gesot kritt, dass eisen neie Buergermeeschter dem Projet net ofgeneigt wier. Ech fannen et wier flott, fir esou e Projet virzegesinn, amplaz esou, an dat wëll ech hei ernimmen, wéi et d'lescht Joer geschitt ass, dass e Reschtmontant fir den Ënnerhalt vum Park Le'h dofir auszegi fir e Wee ze erneieren, deen an engem exzellenten Zoustand war an elo méi schlecht ass ewéi virdru wat bei deene meeschte Spazéiergänger op wéineg Verständnes gestouss ass.

Mer hätten hei eng Méiglechkeet, eppes fir ons Kanner ze maachen, wou se op interessant Aart a Weis eppes léieren an en Dag an der Natur verbrénge kënnen ouni wäit ze fueren. Esouguer fir e Schoulausflug mat ofschléissendem Grille wier et gëeegent ouni dass den Ausfluch mat héije Käschte verbonne wier.

René Manderscheid (LSAP – Schäffen): Fir d'éischt wëll ech awer emol soen, datt den Här Bodry net ofgeneigt war. Effektiv ass den Här Nethgen op eis zou komm mat der Iddi fir do eventuell en Haus ze maachen, wou d'Veräiner kéinten e Fest maachen. Dat war d'initial Iddi vun der Forstverwaltung an do huet den Här Bodry zu Recht gesot, dat kënnt op kee Fall a Fro, do esou eppes ze maachen.
Dat zweet ass richteg, deen neie Schäfferot mat eisem neie Buergermeeschter war deemools op der Plaz, zesumme mat eisem Service écologique an effektiv, dee Projet, deen eis do presentéiert gouf, ass fir eis och an der Rei. Awer, et muss een et natierlech och kënne bezuelen. Dat kann een net mat engem Wee an der Le'h vergläichen, dat sinn awer trotzdem zwee puer Schung.

Et muss ee wëssen, dass dat Gebai effektiv an engem desolaten Zoustand ass an et ass geplangt, wann een esou e Projet mécht, muss dat ganzt Gebai ofgerappt a platt gemeet ginn. Et kann ee just d'Betonsfundament halen an och dat trotzdem nach oppäppelen. Dass dann do eng Blockhütt mat Diddelenger Ronnholz gebaut ginn, dat ass richteg. Et muss een natierlech och Sanitär Anlagen hunn a Gas, Waasser a Stroum, an dat alles kascht en Heedegeld. Mir als Schäfferot sinn där Iddi net ofgeneigt, nach muss ee kucken, dass een e Konzept huet. Et geet net duer, einfach eng Klass dohinner ze sëtzen, do muss méi kommen. An, dat allerwichtegst fir mech, et muss een et bezuele kënne. Dee Projet oder en anere Projet. Fir 2016 si mir am Schäfferot amgaang ze maachen iwwert de Budget a mir hunn dat an eisem Notizblock stoen. Wat doraus gëtt, dat presentéiere mer dann am Budget 2016.

Marc Schiffmann (ADR): Ech ginn iech am villem rescht, et muss een alles kënne bezuelen. Mä dee Wee an der Le'h huet 50.000 Euro kascht a war total onnéideg. An dat zweet ass, dass wa mer näischt doraus maachen, dann zerfält et total an dat wier schuet. Et gëtt nach schlëmmer.

Den Historique vun der Ponderosa, et si sécherlech Leit heibannen, di méi driwwer zielen ewéi de Buergermeeschter, mä ech megen awer ze wëssen, dass dat deemools eng illegal Konstruktioun war, dass do keng Baugenehmegung vir louch fir dat ze bauen an dass mer eréischt rezent am Kader vun der Modifikatioun vum PAG et erméiglecht hunn. Och wann d'ARBED do Propriétaire ass an de Staat do Locataire ass, dass mer do an enger Zone forestière sinn a bis viru kuerzem war et nach net méiglech an der Zone forestière eppes ze baue wat d'Interêt général oder d'Intérêt public ass. Mat deem dote Projet, deen d'Forstverwaltung esquisséiert huet fir eng Aart Bëschklass ze maache mat pädagogeschen an didakteschen Aktivitéiten, sinn déi Critèren natierlech ginn, nach mengen ech, wann d'Forstverwaltung dat engersäits wëllt ofrappen an anerersäits do wëll e Blockhaus opbauen, muss natierlech eng Genehmegung vum Buergermeeschter virleie fir ofzerappen an nei opzebauen.

D'Iddi ass gutt, et muss een natierlech kucken, wéivill dat kascht, och do konnt de Fierschter eis net soen, a wéi engem Kader mer eis do bewegen, mä d'Iddi hu mer prinzipiell gutt fonnt an zréck behalen. Den Organisateur, d'Forstverwaltung sëtzt elo um längeren Hiewel fir déi Iddi weider ze dreiwen a mir als Gemeng sinn op alle Fall do ganz gär Uspriechpartner fir dee Projet ze realiséieren 2016.



Michèle Kayser-Wengler (CSV): Ech wosst net genee, ëm wat et beim Här Schiffmann sengem Punkt géing goen , mä ech wëll awer soen, dass mer dat doten eng ganz flott Iddi fannen. Et ass e Site wou vill Leit kennen a wou Party gemaach ginn ass. Et ass wéi den Här Manderscheid gesot huet, do gouf nach Party gemaach wéi et schonns net méi erlaabt war. D'Iddi vun dem Schoulbegéignungszentrum Natur fannen ech gutt, mä do kommen ech erëm zeréck op eng Iddi, déi der och hätt kënnen an äre Kalenner schreiwen, nämlech d'Bëschcrèche. Dat kéint een och vläit emol an Erwägung zéien.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ech mengen, et ass e gudden Usaz fir flott parascolaire Aktivitéiten ze maachen an der Natur.

Dat zu deem dote Punkt, da bleiwe mer an der ëffentlecher Sitzung a mir ginn eriwwer op d'Froen, déi gestallt goufen, eng vun der Madame Kayser, wat d'Beem ronderëm d'Kierch ubelaangt.

## 9. FROEN UN DE GEMENGEN-A SCHÄFFEROT

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Betreffend déi Beem bei der Kierchplaz, déi ëmgeluecht hu misse ginn, hu mer och schonns am Kader vum leschte Gemengerot verschiddene Informatioune konnte ginn. Der Madame Kayser hir Fro ass fir d'éischt erakomm, dat war den 2. Juli 2015. Si seet, dass am Fong den 9. September 2013 hei déi Pläng presentéiert gi sinn, wat d'Aménagement vun der Plaz ronderëm d'Kierch ugeet. Si seet, dass de 16. Juni 2015 déi Beem ewech geholl gi sinn, dass d'Wuerzelen angeblech bei den Aarbechte futti gemeet gi sinn. Dat ass net nëmmen angeblech, dat war leider de Fall. An datt se eng Gefor duergestallt hu fir de Foussgänger, och dat ass de Fall, wéi déi zwou onofhängeg Expertise gewisen hunn. D'CSV ass natierlech entsat iwwert dee Virfall a wäerft der LSAP vir, si hätt hir Opsiichtsflicht verletzt. Dat heiten ass eppes, wou kengem Satisfactioun gi ginn ass, wéi deen Dossier evoluéiert huet. Wéi mer gewuer gi sinn, datt déi Beem missen ewech geholl ginn, war kee frou.

Si freet also, wien dofir verantwortlech ass. Mir sinn hei op dee Wee gaangen am Kader vun deenen Aarbechten. Et kann een entweder Projeten an Eegeregie duerchzéi-en oder iwwer e Contrat d'architecte an dat ass hei de Fall an dee Contrat d'architecte ass no de Regele vum OAI gemeet ginn a weist ganz kloer, dass den Architekt responsabel ass fir d'Koordinatioun, fir d'Surveillance an och fir vum Chantier an och d'Weisungsgewalt vis-à-vis vum Entrepreneur, deen op der Plaz ass. Do sinn d'Conditiounen absolut kloer, sou dass nieft der Responsabilitéit vun der Architektin och d'Entreprise, déi um Site geschafft huet, ganz kloer derzou bäigedroen huet, dass den Dossier esou evoluéiert huet.



Wéi ass dat Ganzt um Niveau vun den Aarbechte verlaf? Do war eemol d'Woch eng Chantiersréunioun, déi stattfonnt huet. Dat war och eng Fro vun der Madame Kayser betreffend d'Koordinatioun. Och déi Schied, déi hei verursaacht gi sinn, innerhalb vun engem Dag geschitt sinn, wou un deene Wuerzele geschafft ginn ass mat de Baggeren op där ganzer Linn a wéi mer dat gewuer gi sinn, hu mer déi néideg Schrëtt geholl fir déie Aarbechten direkt ze stoppen.

Et ass op där anerer Säit weider gefuer gi fir deen néidegen Expertenoptrag ze gi fir ze kucke wou mer dru sinn. Eng aner Fro war, wat vu Schutzmoossname fir d'Beem an der Soumissioun, respektiv am Cahier de charges stipuléiert waren. Dat war eng ganz Rëtsch vu Moossname fir de Bam ronderëm an un de Wuerzelen ze schützen.

Eng aner Fro betrëfft d'Aarbechten an der Lenzstrooss, ob déi gefährdet sinn? Dat ass net de Fall, och dat huet d'Expertise gewisen.

Da war nach eng aner Fro: Wéi ass et méiglech, datt esou no bei de Beem geschafft ginn ass? De Site huet das esou hier ginn, datt huet missen no bei de Beem geschafft gi fir déi néideg Aménagementer ze maachen. Dat war och an den initiale Pläng esou virgesinn. Natierlech bréngt dat mat sech, dass een déi néideg Virsiicht muss walte loossen an dat war am Kader vun der Opsiichtsflicht iwwert de Contrat d'architecte respektiv vum Entrepreneur oder vum Soustraitant net de Fall an do hu mer jo och als Gemeng reagéiert. Mer haten eng Entrevue mat der Architektin, mat dem Entrepreneur fir dat doten ze thematiséieren. Mir hunn hinnen och e Courrier zoukomme gelooss wou mer déclaréieren, dass mer déi dote Situatioun net toleréieren an hinne soen, dass se musse schrëftlech Stellung dozou huelen, wat se och gemeet hunn. Mer hunn och Récksprooch mat eisem Hausaffekot geholl, deen eis beroden huet, wéi eng Schrëtter ee ka maachen. Mer hunn och déi Weeër gemaach, déi ee soll maachen. Mer hate kierzlech och eng Sitzung mat der Architektin a mat dem Entrepreneur, wou mer festgehalen hunn, dass si fir d'Fraisen opkommen, nei Beem, déi musse geplanzt ginn, d'Aménagementer ronderëm Kompensatiounsmoosnamen, déi musse geholl ginn. Et ass net iwwert de Fernseh, wou déi festgehale gi mä den Nohaltegkeetsministère an den Environnementsministère, dee ganz kloer seet wéi niewent deene 5 Beem déi nei geplanzt ginn. D'Ministesch seet ganz kloer, wéi déi Kompensatiounsmoosnamen ze handhabe sinn. Esoubal mer deen offizielle Courrier hunn, musse mer déi néideg Kompensatiounsmoosname maachen.

Da war eng aner Fro mat der Kommunikatioun no baussen, dass de Gemengerot eréischt ze spéit informéiert hätt oder éischter hätt missen informéieren. Mir hunn hei am Gemengerot den 12. Juni déi néideg Informatioune gi well mer do genee wossten, wou mer dru waren. Mer haten zwou neutral Expertise virleien, wou mer gefrot haten ob d'Beem kënne stoe bleiwen, eng Optioun, déi fir eis ganz wichteg war, oder mussen se ewech gerappt ginn. Déi zwou Expertisë vun zwee verschidden Experten hu ganz kloer gesot, dass se mussen ewech geholl gi well se effektiv eng Gefor fir d'Foussgänger war. Wann een déi stoe léisst, och dat ass eng Fro vu Responsabilitéit a mir hunn och do déi néideg Firma komme gelooss fir dass déi Beem ewech geholl gi sinn.

Wéi gesot, d'Autorisatioun fir déi Beem ewech ze huelen, déi huele mer als Gemeng jo net einfach esou. Mir hunn d'urgence eng Autorisatioun vum Ministère ugefrot an eréischt wéi mer déi haten, konnte mer dat maachen.

Da war eng Fro iwwer de finanzielle Schued, dat hunn ech jo beäntwert.

Eng aner Fro goung ëm d'Péil aus Holz, ob déi geschiedegt goufen. Do si Stengfondatiounen, alles wat historesch iwwerliwwert ass ronderëm de Bau vun der Kierch weist, dass d'Fondatiounen aus Steng sinn an net aus Holz. Déi sinn och net beschiedegt ginn, well d'Aarbechte sinn net esou wäit gaangen, déi Fondatioune si jo ënnert der Kierch a konnten deementsprie-chend net beschiedegt ginn.

Déi Ausso iwwert déi 5 x 800 Pflänzlinge, wou déi geplanzt ginn, dat ass eng Ausso, déi am Fernseh gemeet ginn ass. Hei ass ganz kloer d'Ministesch, déi décidéiert, wéi eng Beem mussen ersat ginn. Mir halen eis un déi Richtlinn.

Da war nach déi Fro par rapport zum Belag, dass dee rëtscheg wier. Bis elo hu mer ganz gutt Erfahrunge mat deem dote Belag hei zu Diddeleng gemeet. Dee gouf gewielt well en engersäits waasserduerchlässeg ass an d'Beem also genug Waasser kréien.

Mir hunn déi doten Technik och op ville Parkplazen hei zu Diddeleng ugewannt, an och op engem Wee am Diddelenger Quartier Italien, wann een d'Bréck erop geet.




Do hu mer schonn deen dote Produit geholl a bis elo hu mer absolut guer keng Reklamatioune kritt.

Dat zu deenen doten Ausféierungen. Wéi mer gewuer gi sinn, wat ronderëm de Chantier geschitt ass, nieft der Appréciatioun wou mer absolut net zefridde waren, dass dat esou gelaf ass, hu mer d'Architektin an den Entrepreneur an d'Responsabilitéit geholl an eis réckverséchert um juristesche Plang, déi zwee Acteure kontaktéiert, wourops hi mer eng schrëftlech Stellungnahme kruten a si hunn an der Entrevue ganz kloer gesot, dass déi Fraisen, déi elo kommen, iwwerhuelen.

Wat d'Froe vun der Madame Kutten an der Madame Goergen ubelaangt, do hunn ech zum Deel drop geäntwert. Si froen ob mer gedenken, d'Baufirma ze verkloen oder Schuedenersaz ze verhandelen. Ganz kloer komme si fir d'Fraisen op. Och o ass de Contrat d'architecte ganz kloer, dass am Fall vun engem Konflikt oder Schued à l'amiable soll probéieren a wann dee Wee net gräift, dass een déi Saach da virun de Lëtzebuerger Geriichter soll tranchéiere loossen. Wann se d'Responsabilitéit net iwwerholl hätten, hätte mer dee Wee jo natierlech ageschloen awer mir sinn eis jo mat hinnen eens ginn.

Dann déi Fro ronderëm d'Kompensatioun, do waarde mer op de Courrier vun der Ministesch fir ze kucken, ob déi Beem eent zu eent mussen ersat ginn oder méi. Dat décidéiert de Ministère.

Weiderhi war nach eng Fro, ob déi Beem op där anerer Säit net zu Schued komm sinn. Dat ass net de Fall, dat hunn d'Expertise gewisen an déi kënne stoe bleiwen.
Wat ass mat deem Holz geschitt vun deene Beem? Déi ëmgehae gi sinn. Déi sinn um Arcelor-Site beim Fonds de Logement. Mir hunn déi Beem nach. Eise Service Jardinage mécht sech Gedanken driwwer, wéi een déi Beem kann notzen.

Wat mécht een an Zukunft bei esou Aarbechte fir esou Situatiounen ze verhënneren? Nieft der Responsabilitéit an der Opsiichtsflicht ass dat eenzegt dat ee ka maachen obwuel et net hir Missioun ass, dass een engersäits méi mat der Forstverwaltung zesumme schafft, méi mat bäizitt. Wéi gesot, et ass net hir Aarbecht, bei esou Projete matzeschaffen, mä et kéint ee se méi abannen. Nach ass ze kucken ob se dat wëllen, mä wann een e Projet vun esou enger Envergure huet, kann dat e Wee si fir anzeschloen.

Dat zu deenen Äntwerten, déi ech wollt gi par rapport zu deenen dote Froen an ech géif elo dem Loris Spina d'Wuert gi fir déi Fro vun der Madame Kayser ronderëm de Jugendgemengerot.

Loris Spina (LSAP - Schäffen): Wann d'Madame Kayser bis lancéiert ass mat Froen ze stellen, dann ass se bal net méi ze bremsen och wa mer probéieren, dat an engem gewëssene Rahmen ze halen. An nichtsdestotrotz kommen zwou Froe mat enger Onmass un Ënnerfroen. Mir äntwerten awer gär drop.

Hei geet et ëm de Jugendgemengerot. Si schreift, dass am Oktober 2013 hei zu Diddeleng Jugendgemengerot an d'Welt geruf ginn ass a sämtlech politesch Parteien hunn dat begréisst an eng Rei vun de Bierger hunn och do d'Moderatioun iwwerholl an en Austausch mam Schäfferot ass virgesi ginn. Bis dato huet de Gemengerot awer keng Virschléi vum Jugendgemengerot ënnerbreet kritt.

Éischt Fro: Wéi oft tagt dëse Jugendgemengerot? Déi kommen eemol am Mount zesummen ausser elo an der Summervakanz.

Wéivill Membere sinn an deem Gemengerot aktiv? Wou mer déi Aventure gestart hunn, do ware ronn 12 Jonker do aktiv a mat der Zäit huet sech awer eraus gestallt, dass 7 bis 8 méi sérieux a méi konsequent un deene Versammlungen deelgeholl hunn. Déi aner haten dat vläit anescht ageschat oder sech eppes aneschtes virgestallt, sou dass mer kënne soen, dass mer e Kär vu 7 bis 8 aktive Jonker zesummen hunn, déi eemol de Mount an dësem Kader zesumme kommen. Et hunn der awer zwee ugekënnegt, dass se d'nächst Joer aus schoulesche Grënn wahrscheinlech net méi esou regelméisseg kënnen deelhuelen, wann net esouguer ganz mussen ophalen.

Wéi gëtt dëse Gremium erneiert? Am Kannergemengerot gëtt jo all Joer gewielt an et ass och dat, wat vun der Struktur hier méi einfach ass. Hei ass et de Jugendlechen, dee sech einfach mellt a matmaache kann, bis elo hate mer nach keng Wahlen. Fir nei Memberen ze recrutéieren hu mir eng Rei vun Efforte gemaach fir op verschidde Manifestatiounen, déi hei zu Diddeleng stattfannen, deene Jonken dat Ganzt méi no ze bréngen. Dat heescht, mir hunn en Informatiounsstand wou si sech och kënnen aschreiwen. Op der Nuit des sports dëst Joer war de Jugendge-





mengerot vertrueden, op der Fête de la musique hunn se probéiert, Reklamm fir sech ze maache mat Flyeren a si hunn och Aschrei-wungsziedele verdeelt an deemnächst beim Dudelange on wheels wäerten se och e Stand hunn a Propaganda fir de Jugendgemengerot maachen.

Wéi eng konkret Virschléi an Aktiounen oder Projete si vun deem Jugendgemengerot ausgaangen? Et ass esou, dass eng Rei vu Projeten ugeduecht gi sinn a si hunn der och konkret ëmgesat ënnert anerem e Questionnaire, eng Enquête, déi si gefouert hunn iwwert d'Shoppingméiglechkeeten hei zu Diddeleng, respektiv, wat deene Jonke feelt hei zu Diddeleng. Do hu se eng kleng Recherche gemaach a si wollten och eng Broschür lancéieren iwwert de Jugendberäich, de Fräizäit- a Sportsberäich am Allgemengen an do hunn se och eng Rei vu Veräiner an Associatiounen ugeschriwwen. Mer hunn déi Energie an di Resultater do zum Deel mat iwwerholl an déi Brochure, déi d'Familljekommissioun amgaang ass, auszeschaffe fir keen Double emploi ze maachen an do fléissen hir Resultater zum Deel mat an.

Wat hunn se nach gemaach? Si hu probéiert, e Museksfest ze organiséieren. Mär wollten se och do net direkt am Äifer bremse well "Der Weg ist das Ziel", dat heescht, och do hunn se ënnerwee gemierkt, wéi kompliziéiert an opwänneg dat ass, sou en Event ze lancéieren. Dat hunn se dann entre-temps gemierkt, dass dat an dräi Méint net méiglech ass a si hunn dee Projet mol op Äis geluecht, net definitiv mä elo mol einstweilen. Déi nächst Aktioun war Recrutement vun neie Memberen.

Déi nächst Fro vun der Madame Kayser ass, ob de Schäfferot net der Meenung wär, dass et sënnvoll wär, en Treffen tëschent dem Gemengerot an dem Jugendgemengerot ze organiséiere fir dass ee sech kann austauschen a sech e Bild dovunner maachen. Et muss ee soen, dass mer och am Encadrement vum Jugendgemengerot eng Rei vu Wiessel haten, och do huet d'Equipe sech missen erneieren.

De Moment sinn et d'Vanessa Reisch, d'Maddy Wegener, d'Jessica Tintinger an de Sven Loscheider, déi dat all Mount maachen an och koordinéieren.

Mir sinn eis mat hinnen eens, dass mer et ähnlech wëlle maache wéi am Kannergemengerot, dass mer beim Lancement eng Kéier am September invitéieren an e gemeinsame Bilan zéien. Do soll dann och dee richtege grousse Gemengerot invitéiert ginn.

Déi lescht Fro ass, ob een net en Treffe mam Kannergemengerot sollt plangen an dat hu mer an där Form sou nach net gemaach. Mer hunn elo an enger éischter Phas deene Kanner vum Kannergemengerot gesot, dass et e Jugendgemengerot gëtt an déi ginn elo an de Lycée a mir hunn hinne gesot, dass se d'Méiglechkeet hunn, sech do ze mellen. Et ass awer net ausgeschloss, dass een déi dote Kanner an enger nächster Phase eng Kéier als Beobachter mathëlt fir dass déi do kënnen d'Loft schnupperen.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Nach eng Zousazfro, eng Präzisiounsfro: Et heescht, am Jugendgemengerot kann iwwert d'Joer jiddereen nei derbäi kommen. Wann ech elo héieren, et sinn der nach 7 bis 8, da wier et gutt wann dat esou wier.

Loris Spina (LSAP - Schäffen): Et ass net wéi am Kannergemengerot. Dofir sinn och déi Recrutementsaktiounen, fir dass währendd dem Joer zu all Moment sech aschreiwe kënnen.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Et sinn eng ganz Rei Doléancë vun hinne virbruecht ginn. Futtis Klenschen am Ribeschpont, feelend Spijelen, knaschteg Toiletten an der Gaffelt, etc. Sinn déi Saache gemaach ginn, déi se eis d'lescht Joer gesot hunn? Ech huele jo un, dass dat innerhalb vun engem Joer gemaach gëtt.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Dat sinn d'Äntwerten op déi dote Froen.

Da géif ech elo d'ëffentlech Sitzung ophiewen a mir géifen an de Huis clos eriwwer goen.

**Ufank vum Huis clos-Gemengepersonal**

**Enn vum Huis-clos**

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Mir sinn zum Schluss ukomm vun dësem Gemengerot, ech soen iech Merci.




# Concours
# Diddeleng Integration Couch

**Dessinez un banc/sièges. Si votre projet est sélectionné, réalisez-le vous-même.**

**Zeichnen Sie eine Bank/Sitzgelegenheit. Wenn Ihr Projekt ausgewählt wird, setzen Sie es selber um.**

La Ville de Dudelange, en collaboration avec la commission consultative d'Intégration, invite tous les habitants, associations, organismes, clubs, et artistes de Dudelange à participer au concours « Diddeleng Integration Couch ».

Le but de ce projet est de dessiner, de concevoir et de réaliser en tout 8 bancs qui seront installés dans les différents quartiers de Dudelange et qui deviennent ainsi des endroits de rencontre, favorisant les discussions et échanges culturels entre habitants.

Le projet devra être en lien avec le contexte ou l'histoire de Dudelange et tous les habitants et organismes de Dudelange peuvent y participer. Dessinez un banc et si votre projet est sélectionné, réalisez-le vous-même.

Le jury décernera un prix aux 3 meilleurs projets : 1er prix : 1000€ ; 2ème prix : 700€ ; 3ème prix : 500€.

Dernier délai de remise du projet : 31.12.2015

N'hésitez pas et participez à ce concours. Passez à la Fête des Cultures les 3 et 4 octobre et demandez les conditions de participation sur le stand de la commission consultative d'Intégration ou téléchargez les conditions sur www.dudelange.lu

*Die Stadt Düdelingen, in Zusammenarbeit mit der commission consultative d'Intégration, lädt alle Bewohner, Vereine, Clubs und Künstler von Düdelingen zur Teilnahme am Wettbewerb „Diddeleng Integration Couch" ein.*

*In diesem Projekt geht es darum, insgesamt 8 Sitzgelegenheiten zu zeichnen, zu planen und zu erstellen, die in verschiedenen Stadtvierteln von Düdelingen aufgestellt und somit zu Treffpunkten werden, die die Gespräche und den kulturellen Austausch zwischen den Bewohnern fördern.*

*Der Entwurf muss mit dem Hintergrund oder der Geschichte Düdelingens im Zusammenhang stehen und sämtliche Bewohner und Einrichtungen von Düdelingen können sich beteiligen. Zeichnen Sie eine Sitzgelegenheit und bauen Sie Ihr Projekt selber, wenn es ausgewählt wird.*

*Die Jury wird die 3 besten Entwürfe mit Preisen auszeichnen: 1. Preis: 1000€; 2. Preis: 700€; 3. Preis: 500€*

*Abgabedatum des Entwurfs spätestens am 31.12.2015*

*Zögern Sie nicht und nehmen Sie an diesem Wettbewerb teil. Schauen Sie am 3. und 4. Oktober beim Fest der Kulturen vorbei und fragen Sie am Stand der commission consultative d'Integration nach den Teilnahmebedingungen, die auch im Internet auf der Seite www.dudelange.lu zum Download bereitstehen.*



**Informations** / ***Weitere Informationen:***
Commission consultative d'Intégration/
Projet Ensemble/Inter-actions a.s.b.l
Anola Bracaj - GSM: 621 285 149
E-Mail: ensemble@inter-actions.lu

**DIDDELENG**
VILLE DE DUDELANGE

BP 73 L-3401 Dudelange /// T516121-1
ville@dudelange.lu /// www.dudelange.lu
/villededudelange @villedudelange

Le collège des bourgmestre et échevins, *das Schöffenkollegium*
Dan Biancalana, bourgmestre/*Bürgermeister*
René Manderscheid, Loris Spina, Claudia Dall'Agnol, échevins/*Schöffen*